SÉANCE 28

JEUDI,
3 JUILLET 2014

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- *M. le Président*

2. 6529 - Débat d'orientation sur le rapport d'activité de la Médiateure (2011-2012)

6634 - Débat d'orientation sur le rapport d'activité de la Médiateure 2013

- *Rapport de la Commission des Pétitions (rapport d'activité de la Médiateure 2011-2012): M. Marcel Oberweis*
- *Rapport de la Commission des Pétitions (rapport d'activité de la Médiateure 2013): M. Marco Schank*
- *Débat: M. Félix Eischen, M. Marc Angel, M. Guy Arendt, M. Roberto Traversini, M. Gast Gibéryen, M. Justin Turpel*
- *Prise de position du Gouvernement: M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative*

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État; MM. Romain Schneider, Nicolas Schmit, Mme Lydia Mutsch et M. Dan Kersch, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.05 heures)

1. Ouverture de la séance publique

M. le Président.- Eis Sëtzung ass op.

Huet d'Regierung Kommunikatiounen ze maachen, Här Statsminister?

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État*.- Neen, Här President.

M. le Président.- Merci villmools. Ech wollt just dervu profitéieren, fir d'Chamber ze informéieren, dass, wann de Statsminister kuerz viru véier Auer de Sall verléisst, dat net aus Netrespekt virum Parlament ass, mä well e vum Statschef fir eng Entrevue, fir eng Audienz gefrot ginn ass. Merci fir d'Versteesdemech.

Da géife mer elo direkt zum Ordre du jour an zu eiser Orientéierungsdebatt iwwert d'Aktivitéitsrapporte vun de Médiateuren - Ombudsmann, Ombudsfra - vun de Joren 2011 bis 2013 iwwergoen. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht, an ech ginn direkt dem Rapporteur, dem honorabelen Här Marcel Oberweis, d'Wuert. Här Oberweis, et ass un Iech.

2. 6529 - Débat d'orientation sur le rapport d'activité de la Médiateure (2011-2012)

6634 - Débat d'orientation sur le rapport d'activité de la Médiateure 2013

Rapport de la Commission des Pétitions (rapport d'activité de la Médiateure 2011-2012)

M. Marcel Oberweis *(CSV), rapporteur.*- Gudde Mëtteg, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Premierminister, Dir Häre Ministeren, d'Gesetz vum 22. August 2003 huet d'Fonctioun vum Médiateur hei am Land an d'Liewe geruff. Den Här Marc Fischbach huet als éischte Médiateur dës Aufgab iwwerholl. An deenen aacht Joer huet hien dës Institutioun mat vill Begeeschterung weiderbruecht. D'Madame Lydie Err ass den 1. Februar 2012 seng Nofolgerin ginn. An hirem éischte Rapport konnt ee gesinn, dass si den ageschloene Mëttelwee tëschent de Bierger an den ëffentleche Verwaltunge weidergeféiert huet. Si huet och de Kontakt mat de Ministèren an de Gemengen net ofgebrach, fir Léisunge bei Problemer ze fannen.

Erlaabt mir awer am Ufank vun dëser Interventioun, Iech ze soen, dass de schréftleche Rapport vun dësem éischte Rapport vun dem honorabelen André Bauler verfaasst gouf. Ënnert der viregter Regierung wor hien zum Rapporteur an der Petitiounskommissioun genannt ginn. De Rapport huet deemools awer nach net hei am Plenum ugeholl kënne ginn. No de Wahlen, wéi Der wësst, gouf ech dunn zum Rapporteur vun dem Aktivitéitsrapport 2011-2012 vum Médiateur bestëmmt. Duerfir mäi Merci un den André Bauler fir déi gutt Viraarbecht, op där ech konnt schaffen.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Marcel Oberweis *(CSV), rapporteur.*- E puer statistesch Donnéeën: Tëschent dem 1. Oktober 2011 an dem leschten Dezember 2012, bannent 15 Méint Aktivitéite vun deenen zwee Médiateuren, sinn 1.059 Reklamatiounen agereecht ginn. 803 Dossiere sinn ofgeschloss ginn an nach 256 waren der deemools en cours. Bei den ofgeschlossenen Dossieren ergëtt sech folgende Bilan: Knapp 40% sinn als net berechtegt Reklamatioune klasséiert ginn. 12% si vun de Leit selwer zréckgezu ginn. 7% kruten an hirem Dossier keng Korrektioun. 7% hunn eng partiell Korrektioun kritt. An 22 hunn eng komplett Korrektioun erfuer. 6% goufen als irrecevabel betruecht a 6% sinn awer refuséiert ginn.

Bal 3.000 Leit hu beim Sekretariat vum Médiateur fir Renseignementer nogefrot. Dës Zuele beweisen, dass de Médiateur de Leit mëttlerweil e Begrëff ass an dass hie vun hinne ganz staark sollicitéiert gëtt.

Op där enger Säit ginn de Bierger hir Kloe gelauschtert an op där anerer Säit gëtt versicht, bei de Verwaltungen déi néideg Äntwerten ze kréien, soudass d'Bierger méi Vertrauen an de Fonctionnement vum Stat an de Gemenge kréien.

Am Rapport steet, dass d'Zesummenaarbecht tëscht dem Sekretariat an der Direction de l'Immigration ganz gutt ass. Hei kommen Demandë vu Persounen entre autres aus afrikanesche Länner eran, déi hire Pass wëlle verlängert kréien. De Médiateur huet recommandéiert, d'Kompetenze fir déi Ausweispabeieren an d'Direction de l'Immigration ze iwwerdroen, déi schonn iwwert déi komplett Dossiere verfügt, well d'Kompetenz läit nämlech am Bureau des passeports, visas a Légalisatiounen. Dësen Transfert muss iwwer e legislative Wee gemaach ginn.

Vu dass et net ëmmer de betraffene Mënsche méiglech ass, an hirem Heemechtsland e biometresche Pass ze kréien, versicht dann dës Direktioun, hinnen eng Autorisatioun ze ginn. Dëst geet awer just nëmmen dann, wann d'Identitéit vun der Persoun duerch en anert Dokument beluecht ka ginn.

Un de Médiateur gouf eng Klo géintiwwer dem Service des Sites et Monuments nationaux eragereecht, an dat wéinst de Subventioune bei Renovéierungsaarbechten u Gebaier. D'Demande de subventions ass eréischt Wochen no de Reparatursaarbechten eragereecht ginn a gouf deemno vum Service ofgelehnt, well deen déi Aarbechten net reglementsméisseg suivéiere konnt. De Service muss sech hei un de gesetzleche Kader halen. Den Direkter huet an der parlamentarescher Kommissioun matgedeelt, dass den Internetsite vun der Verwaltung ganz kloer wier an et einfach wier, déi entsprechend Formulairen ze fannen a se och auszefëllen. Et gëtt deemno keng wierklech Excuse, d'Demande net mat Zäiten eranzeschécken.

Des Weidere gouf de Médiateur wéinst dem exzessiv luese Behandele vun Dossiere bei de finanziellen Hëllefen am Ëmweltberäich befaasst. Dës Situatioun hat sech laut dem deemolege Minister awer verbessert an hien huet drop higewisen, dass de Malaise duerch de Mangel u Personal bedéngt war. Et muss een awer soen: 14.000 Dossiere si vum 1. Januar bis zum leschten Dezember am Joer 2012 eragereecht ginn, an trotzdeem si weider 18.600 Dossiere während där Zäit traitéiert ginn. Dir gesitt also, dass awer do vill Aarbecht geleescht gëtt.

De Médiateur huet drop higewisen, dass d'Demandeure méintelaang keng Äntwert kruten. Een Accusé de réception ass awer un d'Demandeure geschéckt ginn. D'Memberen an der Nohaltegkeetskommissioun wore sech awer eens, dass all Demandeur direkt muss Bescheed gesot kréien, wa säin Dossier net komplett wier.

De Problem war haaptsächlech bei der Sanéierung vu Gebaier, well dat eng extra speziell Matière ass, an oft feelen Dokumenter, fir den Dossier ofzeschléissen. Et ass dofir fir d'Verwaltung net ëmmer einfach, Entscheedungen dann ze huelen. Eng Persoun gouf doropshin am Accueil téléphonique agestallt an déi kann dann déi Froe beäntwerten a kann de Leit dann hëllefen, soudass dann de Suivi méi schnell ka gemaach ginn.

De Médiateur huet och drop higewisen, dass och d'Wärmepompele vum Typ Évaporation directe an de Regime vun de finanziellen Aiden am Sënn vun der Promotioun fir déi méi effizient Energienotzung an den Asaz vun erneierbaren Energien agebonne sollt ginn. Dës Demandë waren effektiv en suspens gehale ginn, well d'Verwaltung drop gewaart huet, bis de Règlement grand-ducal adaptéiert gouf.

De Médiateur huet ënnerstrach, dass hien a munche Fäll keng Kompetenzen huet, well et sech ëm privat Strukturen handelt, wann em eng Fro eragereecht gëtt. Et gëtt Patienten, déi sech iwwer eng schlecht Gesondheetsbetreiung an enger privater Klinik un de Médiateur riichte wëllen. Och wann déi dann en ëffentleche Service am Gesondheetswiesen ubitt, ka sech de Médiateur net aklénken.

Déi zoustänneg parlamentaresch Kommissioun war der Meenung awer, et misst een eng virsiichteg Approche hei hunn. Hei kéinten nämlech Betriber, déi dem Contrôle vum Médiateur ënnerworf sinn, par rapport zu aneren, déi déi Contrainten net hunn, diskriminéiert ginn. Et géifen och Schwieregkeete beim Secret professionnel et commercial. Hei hätt de Médiateur nämlech Zougrëffsrechter op Donnéeën, déi awer berufflech geheim misste bleiwen.

Här President, ech wëll op een Dossier agoen, iwwert deen och haut nach vill geschwat gëtt: déi finanziell Ënnerstëtzunge fir Studenten. Vill Kloe sinn deemools an deem Dossier erabruecht ginn an notamment vun de Frontalieren, déi keng Bourse accordéiert kruten, engersäits wéinst dem Questionnaire, fir déi Hëllefen unzefroen, an anerersäits wéinst dem Critère de mobilité. De Lëtzebuerger Stat war jo deemools vum Europäesche Geriichtshaff verurteelt ginn.

Doropshin huet déi viregt Héichschoulministesch, déi dee schwieregen Dossier geierft hat, déi néideg Ënnerungen erabruecht, fir deem Uerteel dach tant soit peu Rechnung ze droen. Dat war allerdéngs eng Noutléisung, wéi mir haut wëssen.

Am Rapport vum Médiateur konnt ee liesen, dass de CEDIES ronn 15.000 Dossieren traitéiert huet. Fir dat akademescht Joer 2011-2012 goufe 579 ugefroten Hëllefen net accordéiert. Dat si genau 3,87% - also net esou vill, wéi ëmmer an der Welt do ronderëm zirkuléiert.

De Médiateur ass nach an engem anere Fall intervenéiert: an der Formatioun vun den Assistants sociaux. Hei mussen déi jonk Leit ee Stage duerchféieren a si kréie keng finanziell Hëllef, kee Kannergeld oder soss eng sozial Ofdeckung vum Stat ugebueden, esou wéi dat de Fall bei de Studenten am Normalfall ass.

En Accord ass fir de Joergang 2010-2011 mat dem zoustännege Ministère fonnt ginn. D'Studenten hunn eng Indemnitéit kritt, déi dem Kannergeld entsprach huet. Et wor awer och eng Iwwergangsléisung fir d'Joer 2011-2012 gesicht ginn. Mëttlerweil ass dat véiert Formatiounsjoer, dat fir deen Diplom gebraucht gëtt, gestrach ginn. D'Gesetz vum 19. Juni 2009 regelt elo den Accès zu dëse Beruffer.

Déi auslännesch Diplomer am Beräich vun der Assistance sociale mussen zu Lëtzebuerg duerch eng Prozedur goen, déi awer zwou Etappe virgesäit: éischtens, d'Reconnaissance vun dem Diplom selwer, an zweetens, eng Demande, fir de Beruff selwer auszeüben.

Déi Studenten, déi am Juni 2012 am Bachelor fir Sciences éducatives et sociales op der Lëtzebuerger Uni ageschriwwe waren an déi en Accès fir de Beruff vum Assistant social wollte kréien, konnten doropshin ee siwent Semester duerchféieren, soudass si déi néideg Qualifikatioune kritt hunn, fir de Beruff auszeüben. Mëttlerweil awer ass de Studieprogramm iwwerschafft ginn an de Problem ass ganz geléist.

E puer Dossieren aus dem Ministère vun der Famill, Jugend- a Chancëgläichheet. De Médiateur mengt, dass hie fir spezifesch Missiounen - d'Rechter vun den handicapéierte Leit -, an déi zimlech technescher Natur sinn, net déi néideg Kompetenzen hätt. Hie kann och net agräifen, wann eng Plainte vu behënnerte Leit géintiwwer enger privater Struktur kënnt, och wann dës en ëffentleche Service ubitt.

De Médiateur schléisst sech dem Avis vum Statsrot wéi och der Commission consultative des Droits de l'Homme un. Dës Missioune sollten dem Centre pour l'égalité de traitement uvertraut ginn. Dëst awer ënnert der Bedéngung, dass een där Struktur och déi néideg Moyenen zur Verfügung stelle géif.

D'Verfassungskommissioun huet dozou op d'Gesetz vum 28. Juli 2011 higewisen, an do steet ze liesen: De Médiateur ka vu jiddwer Persoun mat engem Handicap saiséiert ginn, wann déi mengt, hir garantéiert Rechter a Fräiheete géifen net respektéiert ginn.

Déiselwecht Kommissioun gesäit och e Widdersproch mat den Aussoe vum Médiateur, wann deen engersäits seet, dass sech de Médiateur net an technesch Beräicher amëschen dierf an anerersäits proposéiert, d'Kompetenze vun him selwer ze erweideren. Virun allem ass hei de Gesondheetssecteur betraff an deen ass jo, wéi mer alleguer wëssen, vun äusserst technescher Natur.

D'Institutiounskommissioun seet des Weideren, dass d'Commission consultative des Droits de l'Homme déi eenzeg Lëtzebuerger Institutioun um internationale Plang ass, déi de Statut A vum Comité international de coordination des institutions nationales pour la promotion et la protection des droits de l'Homme akkreditéiert krut. Eng national Institutioun, déi an der Protektioun wéi och an der Promotioun vum Mënscherecht engagéiert ass, muss e kloert Mandat hunn an dat muss an engem Gesetzestext festgeluecht ginn. Hei misst deemno d'Gesetz iwwert de Médiateur an deem Sënn modifizéiert ginn, wann deen déi nei Kompetenze sollt kréien.

Eng Kompetenzerweiderung vum Médiateur an deem Beräich brëngt awer eng ganz Rei Froe mat sech, notamment wat d'Protektioun an d'Promotioun vun de Mënscherechter ugeet. Doriwwer gouf d'Fro vun enger besserer Koordinatioun tëschent allen Organisatiounen, déi sech fir d'Mënscherechter asetzen, opgeworf. An do muss nach da gesot ginn: Affaire à suivre.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Madame Médiateure huet och en Änderungsvirschlag fir hir Denominatioun vun der Institutioun vum Médiateur gemaach. Si huet gemengt, dass den Term „Médiateur" zu Verwirrunge kéint féieren. Et muss awer hei en Ënnerscheed gemaach ginn tëschent engem Médiateur civil, bei deem et virun allem ëm Konflikter tëschent Privatpersounen an zivile wéi och kommerzielle Fäll geet, an engem Médiateur institutionnel oder public, wéi mir en hei kennen.

De Begrëff „Médiateur" géif och net de geneeë Missiounen entspriechen, wéi se am Gesetz vum 22. August 2003 festgehale goufen, esou d'Madame Médiateure an hirem Rapport. Si schléit dofir d'Denominatioun „Ombudsmédiateur" vir. Och wann déi kompetent parlamentaresch Kommissioun déi Konfusioun duerchaus versteet an och dréit, da wëllt si awer, dass dës Fro an de jeeweilege Fraktiounen diskutéiert gëtt, well déi awer vu staark politescher Natur ass.

Dozou nach déi folgend Iwwerleeungen zur Erweiderung vun de Kompetenzen: Et ass a verschiddenen Domänen effektiv problematesch, fir anzegräifen, wann et sech ëm privat Strukturen, wéi zum Beispill Spideeler, handelt, obschonn déi, wéi gesot, ëffentlech Servicer ubidden.

Wie ka sech dann, wann dës Institutioun d'Kompetenz net huet, de Kloe vun de Matbierger unhuelen? De Médiateur dierf sech engem Dossier awer unhuelen, deen aus dem Centre hospitalier kënnt. Dat dierf en awer net, wann zum Beispill d'Plainte aus der Klinik vum Kierchbierg géif kommen, well déi jo privat gemanagt gëtt. Trotzdeem ass de Service plus ou moins deeselwechten a steet alle Bierger hei am Land fräi.

Och hei huet déi zoustänneg Kommissioun hir Positioun matgedeelt. Si ass der Meenung, dass an engem Fall, wou dem Médiateur och d'Méiglechkeet zougestane gëtt, a private Strukturen ze intervenéieren, déi hirersäits ëffentlech Leeschtungen ubidden, ee fir d'Éischt eng ganz kloer Definitioun vun dem Term „Service public" ausschaffe muss. Déi Definitioun muss awer vu jiddwerengem gedroe ginn a mat jiddwerengem ausdiskutéiert ginn, ier eng Gesetzesännerung iwwert d'Kompetenzfelder vum Médiateur gemaach ka ginn.

An deem Zesummenhang ass och vun Interesse, den Origine vum Ombudsmann kuerz eng Kéier ze erwähnen, wéi deen a Schweden deemools agesat ginn ass. Deen ass do am fréien 19. Jorhonnert agefouert ginn an deen huet de Pouvoir d'auto-saisine. Dat heescht, den Ombudsmann ka selwer Initiativen ergräifen.

Eis Kommissioun vun der Verfassung wor awer der Meenung, wa mer dem Médiateur de Pouvoir d'auto-saisine wëllen zouweisen, dann awer nëmmen ënner bestëmmte Konditiounen. An zwar dierf dee Médiateur esou eng Auto-saisine nëmmen dann ergräifen, wann déi concernéiert Persoun hiren Accord gëtt a se averstanen ass, dass de Médiateur eng Enquête iwwer e Service oder eng Verwaltung mécht.

Här President, d'Madame Médiateure huet mat hire Servicer och Dossieren aus dem Beräich vun den Aides au logement traitéiert. Hei gouf et e puer Reklamatiounen iwwert d'Justificatifen, déi en Demandeur ofzeliwweren hat. De Service vun den Aides am Logement hëlleft nämlech de betraffene Leit beim Ausfëlle vun den Zertifikater. De Service sicht och proaktiv no strukturelle Léisungen, fir den uleiende Problemer esou gutt wéi méiglech aus dem Wee ze goen.

De Service huet dofir virgeschloen, d'Recht ze kréien, fir selwer Donnéeë vun de verschiddene Verwaltungen anzefuerderen. Dëst géif awer, esou déi parlamentaresch Kommissioun vum Logement, géint den Droit à la protection des données à caractère personnel verstoussen. Eng méiglech Léisung besteet doranner, dem Service des aides au logement eng individuell Autorisatioun ze ginn, déi him da géif erméiglechen, déi néideg Informatioune bei de Verwaltungen unzefroen.

Een anere Volet am Logement ass dee vum Fonds du Logement. Hei hu Leit den Här Médiateur wéinst der Erhéijung vun de Lokatiounsniewekäschte saiséiert. D'Kommissioun huet doropshin erkläert, dass dës Chargë vu verschiddene Parameteren ofhänke géifen, ënner anerem Liewensgewunnechten, Energiepräisser oder Waasserpräisser. De Fonds du Logement huet keng Responsabilitéit fir déi Erhéijung. Déi eenzeg Méiglechkeet, fir deem entgéintzewierken, ass eng konstruktiv Approche vum Fong selwer, dass en eng durabel a performant Energienotzung am Neibau wéi och bei de Renovatioune vun Algebaier géif duerchféieren.

Et wier dofir ze begréissen, dass d'Awunner vun de Residenzen, déi vum Fonds du Logement géréiert ginn, regelméisseg fir dës wichteg Theme vun der Nohaltegkeet sensibiliséiert géife ginn, ënner anerem, andeem hinne géif matgedeelt géif ginn, duerch wéi eng Mesuren d'Niewekäschten, ënner anerem Waasser, Energieverbrauch, kéinte reduzéiert ginn an domadder hir Käschte kéinte verklengert ginn.

Nach e puer Aussoen aus dem Gesondheetsberäich: Niewent hiren eegene Recommandatiounen, et waren der eng ganz Rei, erënnert d'Madame Médiateure och un d'Recommandatioun N°42 vum Här Marc Fischbach. Et sollt eng Structure d'écoute, d'information et de médiation locale et nationale am Gesondheetswiese kreéiert ginn, déi relativ komplex ass an och bleift.

An de Médiateur kritt relativ vill Plainten. Hien huet awer net ëmmer déi néideg Kompetenzen, fir dëse Plainten eng Suite ze ginn; ech hu schonn drop higewisen. Op dës Struktur kéinten dann d'Patienten zréckgräifen, wa si sech net adequat behandelt géife fillen oder wa si d'Qualitéit vum Gesondheetssystem net an der Rei fanne géifen oder d'Fleegesécherheet net garantéiert géif ginn oder si der Meenung wieren, déi ugebuede Fleeg wär net gutt.

A sengem Rapport begréisst de Médiateur de Gesetzesprojet 6469 relatif aux droits et obligations du patient portant création d'un service national d'information et de médiation dans le domaine de la santé. De Médiateur weist drop hin, dass dëse Service de médiation en onofhängege Charakter muss kréien, ouni deen et keng Médiatioun kéint ginn. De Gesetzesprojet 6469 ass awer elo viru Kuerzem hei am Parlament gestëmmt ginn an domadder rechtskräfteg.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an der Petitiounskommissioun wore mir eis eens, dass d'Institutioun vum Médiateur hir Friichte scho gedroen huet. D'Aufgabefeld muss awer weiderentwéckelt ginn. Dat heescht, d'Gesetz misst réviséiert ginn.

D'Kompetenzfelder vum Médiateur sollten erweidert ginn, soudass den Ombudsmann, an deem heite Fall d'Madame Lydie Err, d'Méiglechkeet géif kréien, sech allen Dossieren, bei deenen et ëm ëffentlech Servicer geet, unzehuelen, dat onofhängeg, ob si en ëffentlechen oder private Statut hunn. Et muss kloer definéiert ginn, wat een ënnert dem Begrëff „Service public" genee versteet. D'Denominatioun vum Médiateur muss adaptéiert ginn, mir hunn et gesi gehat, mä nach sinn do vill Froen op, an d'Méiglechkeet vun der Auto-saisine muss geläert ginn.

Mir sinn iwwerzeegt, dass dës Institutioun eng wesentlech Roll am Vertraue vun der Bevëlkerung an dem Fonctionnement vum Stat hei am Land spillt a spille muss. Et ass duerfir wichteg, dass regelméisseg hei am Parlament iwwert de Rapport d'activité vum Médiateur soll diskutéiert ginn.

Ech begréissen och d'Madame Lydie Err a soe Merci fir d'Nolauschteren a fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och deem éischte Rapporteur, dem Marcel Oberweis. An d'Wuert huet direkt den Här Marco Schank, fir den Aktivitéitsrapport vun… 2013 virzestellen. Elo hat ech et bal net erauskritt.

Rapport de la Commission des Pétitions (rapport d'activité de la Médiateure 2013)

M. Marco Schank *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no mengem Kolleeg, dem Marcel Oberweis, géif ech dann deen zweete Rapport, dee mer an der Petitiounskommissioun adoptéiert hunn, virstellen, dee vun 2013. An d'Madame Lydie Err huet dëse Bilan vun hiren Aktivitéiten de 16. Januar hei an der Chamber presentéiert. An doropshin huet dann och, wéi dat Usus ass, d'Petitiounskommissioun all déi aner concernéiert Kommissiounen an der Chamber invitéiert, Positioun zu deene verschiddene Beräicher ze bezéien, fir haut eben deen ëffentlechen Débat kënnen ze féieren.

An ech géif dann och direkt um Ufank e puer Statistike virugi vun der Aktivitéit vun der Médiateure am Joer 2013. D'Petitiounskommissioun war iwwregens sechsmol zesummekomm, fir iwwert de Rapport d'activité ze diskutéieren, an huet schlussendlech dee schréftleche Rapport och eestëmmeg de 5. Juni adoptéiert.

Als Alleréischt wëll ech och soen, datt d'Relatiounen tëscht der Médiateure an der Chamber, am Allgemengen, an der Petitiounskommissioun, am Besonneschen, gutt sinn.

A fir op d'Statistiken zréckzekommen: Tëschent dem 1. Januar an dem 31. Dezember d'lescht Joer si 688 Reklamatiounen erakomm gewiescht. 507 Dossiere si clôturéiert ginn. Dat mécht ronn dräi Véirel aus. Déi aner 181 Dossiere sinn nach um Lafen. Den Taux de correction global vun deene clôturéierten Dossiere läit ëmmerhi bei gutt 80%. Ronn 35% goufen als net fondéiert Reklamatioun klasséiert. 12% si vun de Reklamanten zréckgezu ginn. 8% krute keng Korrektioun, bei 8% war dat partiell de Fall. A 24% konnte geregelt ginn. 5,5% vun den Demandë waren irrecevabel an, last but not least, 6,5% goufe refuséiert.

Fir dee statistesche Volet ofzeschléissen, wollt ech nach soen, datt déi meeschte Reklamatiounen eigentlech aus véier Beräicher koumen: Immigratioun, Steieren, Gemengenaffäre generell a Sécurité sociale.

Direkt ee Wuert zu den neie Recommandatioune vun der Médiateure, der Nummer 50 beispillsweis iwwert d'Condition de recevabilité, wat den Achat rétroactif vu Périodes d'assurance ugeet. Hei sinn déi Leit betraff, a ganz dacks Fraen, déi hir berufflech Aktivitéit reduzéiert hu respektiv opgehalen hu mat schaffen an doduerch Versécherungsperiode verluer hunn.

D'Gesetz gesäit vir, dass ee fir déi Periode retroaktiv kann nobezuelen, fir dass se spéider kee Lach an der entspriechender Pensiounscarrière hunn. Dat muss allerdéngs virum 65. Liewensjoer geschéien. Dat steet am Artikel 174 vum Code vun der Sécurité sociale.

Well awer eng Partie vu Leit dat eréischt no 65 Joer maachen, eréischt dann un e Réckkaf denken, kënnt et natierlech vir, datt dann d'Méiglechkeet vun engem Réckkaf refuséiert gëtt. A genau dowéinst, dat bedeit jo dann och ganz désagréabel Konsequenze fir déi Betraffen op d'Revenuen am Alter. An do recommandéiert d'Médiateure den Délai vu 65 Joer ëm zwee Joer ze verlängeren, fir dass d'Leit wierklech genuch Zäit hunn, fir kënnen hir Pensiounscarrière ze komplettéieren, fir dann och finanziell ofgeséchert hire Liewensowend kënnen ze verbréngen.

Als Nächst wollt ech, an dat ass selbstverständlech och nëmme punktuell méiglech, op eng Partie Avise vu verschiddene parlamentaresche Kommissiounen agoen, dëst a Relatioun mat enger Partie Fallbeispiller, un deenen d'Médiateure hir Verbesserungsvirschléi festmécht.

Zum Beispill ass d'Kompetenz a Saachen Openthaltsgenehmegung vum Passbüro an d'Direction de l'Immigration eriwwergaangen; dat huet awer mäi Virriedner scho gesot. Do kann ech mech also kuerzfaassen. Dat war effektiv eng Recommandatioun vun der Médiateure an hirem viregte Rapport. An et kann een nach vläicht derbäisoen, dass d'Direction de l'Immigration intervenéiert ass an deem Sënn, datt d'Diplomaten, déi zu Bréissel installéiert sinn, op Lëtzebuerg koumen, fir verschidde Problemer vu Reespabeieren ze léisen.

D'Kommissioun vun den Affaires intérieures war ënner anerem mat de Subsiden am Kontext vun der Evakuatioun vu Reewaasser beschäftegt. Hei koumen dacks Reklamatiounen eran, well d'Aidë vum Ministère refuséiert goufen, d'Aarbechten awer schonn ugefrot waren, ier iwwerhaapt eng Demande de subside bei der Administratioun erakomm ass. An hei huet d'Médiateure d'Feele vun engem Délai légal kritiséiert wéi och de Fait, fir e Refus ausschliesslech op d'Nachhinein vun der Commande respektiv den Ufank vun den Aarbechten ze baséieren. Op jidde Fall ass am Moment am zoustännegen Nohaltegkeetsministère amgaangen iwwerluecht ze ginn, fir hei méi eng praxisorientéiert Léisung ze fannen.

Am Héichschoulberäich goungen och eng Partie Reklamatioune bei d'Médiateure. Hei ass de CEDIES méi dacks vun der Médiateure sollicitéiert ginn am Kontext vun der Durée, fir déi déi staatlech Studiebäihëllefen accordéiert ginn. Et ass esou, datt d'Zäitdauer vun de Bourssen a Prêtë gesetzlech festgeluecht ass. An d'Gesetz gëtt awer och hei an Härtefäll, no schréftlecher a motivéierter Ufro vu Studenten, dem Minister d'Méiglechkeet, eng Ausnahm ze maachen an eng verlängert finanziell Hëllef ze accordéieren.

Hei koumen och Reklamatiounen era vu Studenten, déi de Prêt refuséiert kruten, well se d'Prozeduren an d'Délaien net respektéiert hunn, wéi se reglementaresch festgeluecht sinn. An d'Médiateure huet proposéiert, d'Demande fir déi finanziell Studiebäihëllefen online ze setze respektiv d'Deadline vun der Demande ofzeschafen a just nach déi zréckzebehalen, wou deen definitiven Dossier muss erageschéckt ginn. An et ass och an der zoustänneger Kommissioun gesot ginn, datt am Kader vun der genereller Reform vun de Studiebäihëllefen d'Prozeduren iwwer e Reglement kéinte vereinfacht ginn, wat och de Wonsch, wéi gesot, vun der Kommissioun war.

An engem weidere Beräich huet d'Familljekommissioun Stellung bezunn: Eng Famill, déi an engem aneren EU-Land wunnt, huet d'Médiateure kontaktéiert. De Papp, deen d'Lëtzebuerger Nationalitéit huet an an eng zoustänneg Pensiouns- a Krankekeess zu Lëtzebuerg abezilt, huet d'Prestations familiales bis Enn 2012 weider ausbezuelt kritt, dat obschonn eng fräiwëlleg Cotisatioun entspriechend engem europäesche Reglement net duergeet, fir d'Lëtzebuerger Kannergeld kënnen ze kréien. An déi betraffe Famill huet awer ëmmer och d'Kannergeldkeess iwwert d'Situatioun informéiert.

D'Médiateure ass der Meenung, dass een Accès vun der Kannergeldkeess op de Centre commun vun der Sécurité sociale géif eng besser Kontroll respektiv eng méi séier Adaptatioun erméiglechen. Den Idealfall wier, seet se, eng automatesch Informatioun, soubal d'Situatioun vun enger Famill ännert. Déi zoustänneg Kommissioun war der Meenung, datt se och do d'accord wär mat der Médiateure, datt d'Kannergeldkeess misst op déi Donnéeë kënnen zréckgräifen, déi se am Kader vun hirer Aarbecht brauch, seet awer och, datt déi Décisioun schlussendlech bei deem zoustännege Minister vun der Sécurité sociale géif leien.

Ee Wuert och zum Avis vun der Fonction publique. Eng Persoun, déi an engem Musée schafft, hat bei der Médiateure reklaméiert, well si en internt Reklassement net accordéiert krut, ënnert där Begrënnung, dass de betreffende Musée seng legal Quoten erreecht hätt. An am Code du Travail steet, dass een internt Reklassement am ëffentleche Secteur, e Reklassement an der ursprünglecher Administratioun oder ëffentleche Service vum concernéierten Agent bedeit, eventuell op een anere Posten oder een aneren Aarbechtsregime.

An d'Médiateure ass hei der Meenung, dass ee Musée, also een Deel vun den Instituts culturels vum Stat, ënnert d'Tutelle vum Kulturminister fält, an domat déi Instituter als Ensemble administratif géife gëllen. Si huet der Regierung virgeschloen, de Champ d'application vum Reclassement interne an der ëffentlecher Verwaltung ze erweideren. D'Kommissioun vun der Fonction publique mécht d'Bemierkung, dass, am Kader vum Projet de loi 6555, déi intern an extern Reklassementer ugepasst wäerte ginn. Wat de Reklassement an der Fonction publique ugeet, ralliéiert d'Kommissioun sech der Positioun vum Minister, dass déi Fro, wéi gesot, am generelle Kontext vun där Reform géif gepréift ginn.

Dann huet deen zoustännege Minister och confirméiert, dass d'Ufroe fir intern Reklassementer staark zougeholl hunn, wat och zu Schwieregkeeten an der Gestioun vun de jeeweilegen Administratioune féiert.

D'Médiateure gouf och nach kontaktéiert, well germaniséiert Virnimm op neie Führerschäiner benotzt goufen - eng Geschicht, déi och jo an der Press traitéiert gouf -, woubäi op méi alen Dokumenter de Virnumm nach op Franséisch ass. An opgrond vum Gesetz vum 19. Juni 2013 kruten tëschent 17.000 an 18.000 Biergerinnen a Bierger, déi während dem Zweete Weltkrich gebuer sinn, nei Identitéitspabeiere respektiv Führerschäiner mat hirem ursprünglechen Numm geschéckt. Allerdéngs huet den zoustännege Minister dee Moment Mesuren an Aussiicht gestallt, fir déi Situatioun méiglechst séier ze redresséieren.

Här President, d'Institutiounskommissioun war e bësse méi laang mat dem Rapport vun der Médiateure 2013 beschäftegt, net wéinst den Dossieren tel quel, mä virun allem och wéinst dem Avant-propos vum Rapport, wou et haaptsächlech ëm d'Fonctioun an natierlech ëm d'Kompetenze vun der Médiateure goung. D'Médiateure huet virgeschloen, am Gesetz vun 2003 d'Promotioun an d'Protektioun vun de Mënscherechter ze preziséieren. Generell ass d'Kommissioun der Meenung, dass een hei net muss légiféréieren, well d'Mënscherechter schonn an der Kompetenz vum Médiateur géife leien, vu dass se ka saiséiert ginn, wann eng Reklamatioun bezüglech engem Verstouss géint Konventiounen, Gesetzer oder Reglementer virläit.

Eng interessant Fro ass och déi vun den Délais de recours, déi während där Zäit, wou een Dossier beim Médiateur läit, oflafen an de Reklamant ënner Ëmstänn onnéideg Geriichtskäschte riskéiert. Hei ass d'Médiateure der Meenung, dass een Délai de suspension vun dräi Méint soll zu Lëtzebuerg virgesi ginn, ähnlech wéi et elo rezent an der Belsch - ech mengen, do sinn et véier Méint - agefouert gouf.

D'Institutiounskommissioun ass der Meenung, dass déi verschidde Punkte méi déifgräifend missten an enger Reform vum Gesetz iwwert de Médiateur gekuckt ginn, also d'Gesetz vun 2003, wéi et iwwregens och am Koalitiounsofkommes vun der neier Regierung virgesinn ass: «Le Gouvernement analysera la possibilité de réformer l'institution du Médiateur.»

Am Kader vun der Verfassungsreform hat d'Médiateure proposéiert, d'Institutioun vum Médiateur och an d'Constitutioun anzeschreiwen. D'Institutiounskommissioun war do der Meenung, dass ee soll virsiichteg sinn, wat generell d'Aschreiwe vun neien Institutiounen an d'Verfassung ubelaangt. Duerfir wollt d'Kommissioun dës Iddi net weider suivéieren.

D'Médiateure reagéiert och op d'Aschätzung vu verschiddenen Administratiounen, de Médiateur dierft net an engem Sträitfall agräifen, deen um Tribunal ass. D'Médiateure ass awer hei der Meenung, dass si kéint an enger viru Geriicht engagéierter Procédure saiséiert ginn, fir ze versichen, de Konflikt à l'amiable ze léisen, an dass déi zwou Parteie sech iwwert dee Wee ouni Geriicht eens kéinte ginn. D'Kommissioun ralliéiert sech där Interpretatioun vun der Médiateure a confirméiert, dass dëst och kloer d'Intentioun vum Législateur war, wann een d'Rapporte vun deemools vun de parlamentareschen Aarbechte vun 2003 noliest.

De Service médical vun der Fonction publique hat refuséiert, Stellung iwwer eng Reklamatioun ze huelen, well hien der Meenung war, dass dat ënnert de Secret médical géif falen. Or, d'Médiateure huet doropshi geäntwert, dass de Secret médical hir net opposabel wier. Den Artikel 6 am Gesetz vun 2003 zielt nëmmen dräi Domäner op, wou dat de Fall ass a wou de Caractère secret ou confidentiel spillt: d'national Verdeedegung, dann d'Sécherheet vum Stat respektiv d'Aussepolitik.

D'Médiateure seet weider, dass de Secret médical net géint den Intérêt vun där concernéierter Persoun ka spillen, wann hire Service kontaktéiert gouf. An d'Institutiounskommissioun ass der Meenung, dass den Artikel 6 vum 2003er Gesetz misst an enger eventueller genereller

Form verdäichtlecht ginn, well den Text awer zu divergenten Interpretatiounen hei kéint féieren.

D'Logementskommissioun huet mat Satisfaktioun festgestallt, dass een eenzege Fall huet missen traitéiert ginn, an zwar am Kontext vum Fonds du Logement, wou an der Tëschenzäit déi Affär och konnt geléist ginn.

Op de Bilan vun den Ëmsetzunge vun de Recommandatioune wëll ech elo weider net agoen, well ech mer awer e bëssen Zäit och nach wollt halen, fir haaptsächlech op d'Konklusioune vun der Petitiounskommissioun anzegoen. Fir den Detail, wéi gesot, vum Bilan, géif ech op dee schréftleche Rapport hiweisen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Konklusioune géif ech a fënnef Punkte résuméieren, also haaptsächlech, well dat der awer och nach méi sinn. Mä dat sinn awer fir eis Wesentlecher gewiescht.

Éischte Punkt. D'Petitiounskommissioun ass der Meenung, dass eng Evaluatioun vum Gesetz vun 2003 iwwert de Médiateur ubruecht ass, dat hunn ech scho gesot, a si ralliéiert sech an deem Kontext och den Avise vun der Institutiounskommissioun. D'Médiateure ass der Meenung, dass hire Kompetenzberäich soll erweidert ginn. Dat ass och schonn am Rapport 2011-2012 däitlech ginn, an dat fir all Organismen, déi een ëffentlechen Déngscht ubidden, onofhängeg vun hirem Statut, ob dat public oder privat ass. Am Moment ass et nämlech effektiv esou, dat wësst Der, dass de Médiateur just Plainten unhuelen däerf, déi een Organe de droit public concernéieren. Och dat ass an deem viregte Rapport däitlech ginn.

Wat d'Promotioun an d'Protektioun vu Mënscherechter ubelaangt, am Kompetenzberäich vun der Médiateure, esou hält déi zoustänneg Kommissioun et net fir noutwendeg, ze légiféréieren, well déi jëtzeg Législatioun effektiv d'Méiglechkeet géif ginn, dass de Médiateur saiséiert gëtt, wann et hei ëm eng Verletzung vu Konventiounen, Gesetzer, Reglementer geet. Allerdéngs muss een hei och preziséieren, dass am Gesetz vum 9. Abrëll vun dësem Joer d'Missioun vum Rapporteur national sur la traite des êtres humains der Commission consultative vun de Mënscherechter uvertraut gouf, an net dem Médiateur.

Elo, wat d'Problematik vun den Délais de recours an enger Affär ugeet, déi beim Médiateur läit, proposéiert d'Médiateure en Délai vun dräi Méint vis-à-vis vun de Reklamanten, fir onnéideg riichterlech Fraisen ze évitéieren. Dat hunn ech virdru kuerz ernimmt. An hei, an deem hei Fall begréisst d'Petitiounskommissioun, dass d'Commission juridique bei der Regierung ugefrot huet, eng Recherche de droit comparé vun auslännesche Législatiounen ze maachen.

Dann ass och nach e Sujet, deen och virdru mäi Virriedner, de Marcel Oberweis ernimmt huet, nämlech d'Denominatioun vum Médiateur. Och dat kéint jo een Deel si vun der Analys, wann een d'Gesetz vun 2003 méi genee kuckt.

Am Kontext vun de Secrets opposables, deelt d'Kommissioun d'Meenung vun der Médiateure, dass de Secret médical net opposable ass, wann et ëm de Schutz vu Bierger geet. D'Institutiounskommissioun huet, wéi scho gesot, divergent Interpretatiounen opgeworf, wat den Accès zu den Donnéeë vun enger drëtter Persoun ugeet, an ass der Meenung, dass een dëse Punkt, wéi gesot, och nach eng Kéier misst dann um Niveau vun der Reform vum Gesetz vun 2003 analyséieren. An hei proposéiert d'Petitiounskommissioun, et sollt een da vun dëser Reform och profitéieren, fir d'Froe par rapport vum Secret bancaire an dem Secret fiscal ze analyséieren.

Den zweete Punkt an eise Konklusiounen dréint ëm d'Ëmsetzung vun der Recommandatioun Nummer 49, e wichtege Sujet an eisen Aen, iwwert de Code de bonne conduite. Och deen ass schonn am viregte Rapport énoncéiert. Hei hat d'Médiateure proposéiert, éischter e sougenannte Guide de bonnes pratiques administratives vun der Regierung ze adoptéieren, amplaz iwwert de gesetzleche Wee ze goen. Dëse Guide erlaabt et, esou d'Médiateure, ënner anerem, dem Bierger seng Rechter an och seng Flichten ze kennen, an en inspiréiert sech gréisstendeels um Code européen.

De Minister vun der Fonction publique an der Réforme administrative huet vis-à-vis vun der zoustänneger Kommissioun ugekënnegt, dass de Projet de Code de bonne conduite administrative, wéi e vun der viregter Regierung ausgeschafft gouf, nach adaptéiert gëtt, an zwar dëst en fonction vun de Mesuren, déi an de parlamentareschen Aarbechte fir de Gesetzesprojet iwwert de Statut vun de Fonctionnairen zréckbehale géife ginn. An d'Petitiounskommissioun invitéiert deemno d'Regierung, dëse Code de bonnes pratiques administratives méiglechst séier ëmzesetzen.

Beim drëtte Punkt geet et iwwert d'Verbreede respektiv d'Streeë vu verschiddene Médiatiounsinstanzen. An Dir wësst, hei gëtt et eng Tendenz, fir a verschiddene Secteure Médiatiounen anzeféieren. D'Médiateure huet eis gesot, dass se d'Mise en place vun dem Service national de médiation am Gesondheetswiese begréisst.

Wat d'Propositioun ugeet, fir verschidde Médiatiounsservicer an enger Institutioun ze rassembléieren, huet d'Médiateure preziséiert, dass dat zum Beispill a Frankräich de Fall ass mam Défenseur des droits en France.

D'Petitiounskommissioun begréisst och an deem Kontext ausdrécklech d'Démarche, fir eng Maison des droits de l'Homme opzebauen, wou sech déi verschidden Organer op enger selwechter Adress géifen an Zukunft erëmfannen, an zum Beispill och géife mat engem gemeinsame Service d'accueil fonctionnéieren.

Véiertens geet et ëm d'Saisine vum Médiateur, parallell zu engem geriichtleche Recours. Hei stinn d'Petitiouns- an d'Institutiounskommissioun hannert der Interpretatioun vun der Médiateure. Verschidden Administratioune sinn der Meenung, dass de Médiateur keng Démarchen kéint entaméieren, wann de Litige schonn um Geriicht läit. Fir d'Petitiounskommissioun ass et kloer, dass de Législateur däitlech säi Wëllen am Rapport vum Gesetz vun 2003 artikuléiert huet, dass de Médiateur ka virum Recours oder parallell zum Recours intervenéieren, an invitéiert d'Regierung, d'Administratiounen och iwwert dee Punkt dann ze informéieren.

Leschte Punkt. Hei geet et ëm d'Délaien an d'Begrënnungen, am Kontext vun den Äntwerte vun den Administratiounen allgemeng. D'Gesetz gesäit vir, dass de Médiateur all Renseignementer kann ufroen, déi e fir seng Enquête als noutwendeg gesäit, an dass all Ministèren an ëffentlech Autoritéiten hien dobäi ënnerstëtzen. An d'Médiateure insistéiert zu Recht nach eemol drop, dass d'Administratiounen net mussen hirer Meenung sinn, mä dass se sech solle kooperativ weisen, andeems se detailléiert a fondéiert Äntwerte liwweren. D'Petitiounskommissioun invitéiert deemno d'Regierungsmemberen, fir besonnesch drop uecht ze ginn, dass hir Verwaltungen ebe fondéiert Äntwerte ginn an och all d'Délaie respektéieren.

Mäi leschte Saz ass ee vu Merci un all meng Kolleeginnen a Kolleegen aus der Petitiounskommissioun fir déi gemeinsam konstruktiv Aarbecht, an och selbstverständlech e Merci un d'Sekretariat vun eiser Kommissioun, d'Madame Tescher an d'Madame Haas an all déi aner, déi ganz vill Aarbecht hunn, net nëmme mat dësem Dossier, mä och mat den Dossiere vun de Pétitions publiques.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem zweete Rapporteur, dem Här Marco Schank. An d'Diskussioun geet u mam Här Félix Eischen. Här Eischen, Dir hutt d'Wuert.

Débat

M. Félix Eischen *(CSV)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, als Alleréischt, esou wéi dat sech passt, soen ech menge Kolleege Marcel Oberweis a Marco Schank, an awer och dem Änder Bauler fir seng Viraarbecht Merci, fir déi schréftlech a mëndlech Aarbecht iwwert déi lescht zwee Aktivitéitsrapporte vun der Médiateure.

D'Ombudsfra huet an hirem Rapport d'activité vun 2011 an 2012 gesot, dass den Term „Médiateur du Grand-Duché de Luxembourg", esou wéi en am Gesetz vum 22. August 2003 definéiert ass, zweifellos riskéiert, Onkloerheet mat anere Médiatiounen erbäizeféieren, wéi d'Médiateurs judiciaires en matière civile et commerciale, déi bei engem Sträitfall tëscht zwou private Persounen an d'Spill kéinte kommen. Et géif, laut de Médiateure, eng Differenz ginn tëschent der Médiation institutionnelle oder publique engersäits, an der Médiation privée anerersäits.

D'Médiation institutionnelle oder publique sicht an der Regel net no Kompromësser, mä huet d'Méiglechkeet, eng Enquête ze maachen. De Médiateur mécht dat, nodeems hien eng perséinlech Reklamatioun eragereecht kritt huet. Hie versicht dann deem Problem, respektiv engem eventuellen Dysfonctionnement an enger ëffentlecher Administratioun oder engem Service nozegoen, fir dann d'Vertraue vum betraffene Bierger, awer och vum Bierger allgemeng, an déi Administratioun dann an deem Fall nees kënnen hierzestellen.

D'Médiation publique ass och bindend fir d'Administratiounen oder de Service, dee viséiert ass, well déi de Froe vum Médiateur mussen nogoen an him och déi néideg Renseignementer mussen zoukomme loossen. Do kann et och emol aus dem Kader vun de prezise perséinleche Problemer erausgoen, an doropshi kann de Médiateur der Regierung respektiv dem Parlament Recommandatioune mat op de Wee ginn, fir dat eent oder dat anert Gesetz esou ze adaptéieren, dass et an Zukunft eben net méi esou wäert sinn, dass déi Problemer sech do kënne stellen.

Déi privat Médiatioun geschitt tëschent zwou Parteien, déi an engem Sträit leien. D'Médiatioun probéiert an deem Fall e Kompromëss tëschent de Parteien ze fannen, kann awer keng Enquête maachen! D'Médiation privée ass ëmmer volontaire an op de strikte Kader vum Sträit limitéiert. Se probéiert also eng Solution à l'amiable ze fannen.

Déi zwee Type vu Médiatioun suivéieren zwar am Endeffekt ähnlech Ziler, dohier den Numm, hunn awer net déiselwecht Approche a Pouvoiren. Doweinst dierften, an den Ae vun der Madame Err, déi zwou Zorte Médiatioun net deeselwechten Numm kréien, well dat zu Onkloerheete féiere kéint. D'Madame Err ass der Meenung, dass den Term „Ombudsmédiateur" am beschten hir Fonctioune géif zréckspigelen. Deen Titel reflétéiert hir Kontrollmissioun, mä gläichzäiteg och hir Technik, mat där se kann oder da wëllt virgoen.

D'CSV, awer mir net eleng, mir hunn och Verständnis fir der Madame Err hir Suerg an deem Kontext. Mir sinn awer der Meenung, dass dee virgeschloenen Titel och net allen Ambiguïtéiten aus dem Wee geet. Hei hätte mer elo déi zwou Varianten dran, de Médiateur souwuel wéi och den Ombudsmann oder d'Ombudsfra. Mir haten och deemools hir Alternativ zu enger Denominatioun virgeschloen, an zwar Ombudspersoun. Déi géif hirer Fonctioun also méi Rechnung droen an et wier och eng geschlechtlech neutral Denominatioun. Ombudsmann respektiv Ombudsfra muss een dann och net méi extra betounen. Mir mengen, dass dës Diskussioun an engem breede Konsens an alle Fraktioune sollt gefouert ginn, an da bei der Evaluatioun vum Gesetz och sollt gekläert ginn.

Wann Der erlaabt, maachen ech dann elo de Lien zum nächste Punkt, deen och direkt eppes mat der Denominatioun ze dinn huet. D'Commission de Venise, d'Berodungsorgan vum Conseil de l'Europe, huet der Médiateure an engem Avis iwwert de Gesetzesprojet vum Médiateur du Grand-Duché de Luxembourg bedauert, dass d'Méiglechkeete vum Lëtzebuerger Médiateur méi restriktiv wieren, wéi déi vum sougenannten Ombudsmann, wéi en notamment an de skandinavesche Länner schonn zënter längerer Zäit besteet. Dëst virun allem, esou d'Commission de Venise, well de Lëtzebuerger Médiateur net iwwert de Pouvoir d'auto-saisine verfügt, dat heescht, dass de Médiateur zum Beispill net vu sech aus eng Enquête iwwer eng ëffentlech Administratioun ka maachen.

D'Ombudsfra preziséiert dann och, dass si net d'Méiglechkeet huet, sech enger Plainte unzehuelen, déi vun enger behënnerter Persoun zum Beispill kënnt, déi sech da géint eng Privatstruktur riicht, wéi zum Beispill eng Klinik. Mir deelen hei net onbedéngt d'Meenung vun der Madame Err, dass si do keng Méiglechkeet hätt, anzegräifen.

D'Gesetz iwwert d'Rechter vun handicapéierte Leit, fir bei deem Beispill ze bleiwen, gesäit nämlech ganz kloer vir, dass de Médiateur am Fall, wou eng behënnert Persoun d'Gefill hat, dass hir Rechter net respektéiert goufen, eng Saisine ka maachen, à condition dass et sech ëm eng Struktur handelt, déi ëffentlech Déngschtleeschtungen ubitt, also onofhängeg awer vum Statut, privat oder public, an dat och selbstverständlech, dass déi concernéiert Persoun net géint eng Interventioun vum Médiateur wier.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Médiateure mengt, dass hir Fonctioune sech och net dierften an technesche Beräicher spezialiséieren. An deenen Domäne brauch een nämlech och dat néidegt Wëssen, Detailwëssen. Als Beispill gëtt se dann och de Schutz vun de Rechter vu behënnerte Leit un. Dëst wier eng spezifesch Missioun, déi een dem Centre pour l'égalité de traitement sollt uvertrauen. Et misst een dem CET dann natierlech och déi adequat Moyenen zur Verfügung stellen.

Hei si mir der Meenung, dass d'Madame Err sech awer an hiren Äusserungen net ganz konsequent ass. Wa si seet, dass de Médiateur keng technesch Beräicher soll traitéieren an awer an engems fuerdert, dass hir Kompetenzen erweidert solle ginn, fir all Organ, dat ëffentlech Déngschtleeschtungen ubitt, egal ob et eng privat oder ëffentlech Struktur ass, mam Beispill ebe vun de behënnerte Leit, dann deele mir d'Opfaassung vun der Institutiounskommissioun a fannen dat kontradiktoresch, well hei speziell de Gesondheetssecteur concernéiert ass. Or, an de Marcel Oberweis hat dat virdrun och scho gesot, et ass awer just dee Secteur, deen äusserst technescher Natur ass.

D'Médiateure bedauert dann och d'Gesetz, oder dass d'Gesetz net virgesäit, dass se sech enger Plainte kann unhuelen, déi vun enger Persoun kënnt an déi sech géint e private Betrib riicht, deen awer ëffentlech Servicer ubitt. Firwat kann zum Beispill e Bierger, dee mat enger privater Busgesellschaft ënnerwee war, sech net kënnen un d'Médiateure riichten, fir sech iwwert de schlechte Service opzeregen, wann deen d'Méiglechkeet awer bei engem staatleche Betrib huet? Se proposéiere schlussendlech déiselwecht Prestatioun, an zwar den ëffentlechen Transport. Dat Bedenke kënne mir duerchaus novollzéien. D'Institutiounskommissioun hat jo och hei hiren Avis dozou ginn, an deem se gesot huet, dass dat trotzdeem problematesch wier, well een als Alleréischt misst ganz kloer definéieren, wat dann elo e Service public ass. Et géif sech nämlech hei ëm eng ganz vag Notioun handelen.

D'Médiateure schléit dann och nach vir, dass d'Mënscherechter an hir allgemeng Kompetenze sollten ageschriwwe ginn. Laut der Madame Err spillt d'Commission consultative des Droits de l'Homme ausschliisslech eng Beroderroll a ka kee Schutz ubidden. Si kann also keng individuell Plainten traitéieren. No de Principes de Paris muss eng national Institutioun, déi iwwert dës Kompetenzen an der Mënscherechtsfro verfügt, e Mandat kréien, dat ganz kloer an engem Gesetzestext verankert ass. Also misst an deem Fall dat dann an d'Médiateursgesetz drastoe kommen.

Dës Kompetenzerweiderung vum Médiateur werft awer nees aner Froen oder Problemer op, wéi dat och d'Institutiounskommissioun bemierkt huet, an zwar déi vu generelle Kompetenzerweiderungen an allen Organismen, déi am Schutz vu Mënscherechter täteg sinn. Vu dass et där awer eng ganz Rei gëtt, stellt sech dann och do d'Fro vun enger effizienter an transparenter Koordinatioun vun all deene Strukturen.

Déi Kompetenzerweiderung fir de Médiateur ass also duerchaus denk- a machbar, mä et muss ee sech dann awer och mat all deene Froe beschäftegen, déi riskéieren, derbäizekommen, an dat sinn der, wéi gesot, vill a si sinn och wichteg.

Da wollt ech och nach op den Avis vum Statsrot zréckkommen, dee mir och deelen an dee gesot huet, et wier net onbedéngt un der Médiateure, fir an esou engem Beräich Konditiounen ze stellen.

Här President, ech wollt dann zum Schluss nach ganz kuerz op e puer aner Aspekter agoen, déi net direkt eppes mam Rapport vun der Madame Err ze dinn hunn, mä éischter mat hirer Aarbechtsaart a -weis.

Dir kënnt Iech sécherlech nach erënneren, dass an de leschte Méint dacks iwwer Problemer an de Medie Rieds gaangen ass iwwert d'Aart a Weis, wéi d'Madame Err hir Fonctiounen ausfëllt op där enger Säit, a wéi se mat hire Mataarbechter ëmgeet op där anerer Säit. Et kann een elo d'Aart a Weis, mat där sech d'Madame Err heiansdo un d'Administratiounen adresséiert huet, bedaueren. Iwwert d'Manéier kann een och diskutéieren.

Mir fannen et op jidde Fall elementar fir de gudde Kontakt tëscht der Médiateure an den Administratiounen, dass dee Kontakt gutt gefleegt gëtt. Nëmmen esou kann et och zu konstruktive Verbesserungen an den Administratioune kommen, wann dat dann néideg ass. Dat ass déi al Geschicht: Esou wéi een an de Bësch rifft…

Wou mir och net ganz glécklech driwwer waren, ass, dass d'Madame Err gläichzäiteg zu hirer Fonctioun als Médiateure nach aner Mandater hat an huet, wéi zum Beispill an der Commission de Venise souwéi d'Médiation civile. Och wann dës Fonctiounen net expressément inkompatibel si mat hirer Fonctioun als Médiateure, si mir dach awer der Meenung, dass et fir d'Onofhängegkeet vun hirem Mandat besser wär, op dës Niewemandater ze verzichten.

Mir begréissen dofir och d'Opfuerderung vum Bureau, dass an Zukunft d'Madame Err keng Médiation civile méi soll maachen, a sinn och frou, dass si där Opfuerderung nokënnt.

Dernieft huet de Bureau vun der Chamber relativ dacks missen agräifen a Konflikter, déi sech tëscht der Médiateure an hire Mataarbechter ofgespillt hunn. De Bureau huet domadder eigentlech de Rôle vum Médiateur tëscht deene zwee misse spillen. Mir hoffen, dass dës Zesummenaarbecht sech an Zukunft wäert verbesseren, well eng gutt an enk Kooperatioun d'Bedéngung ass, dass d'Institutioun vum Média-

teur gutt ka fonctionnéieren am Interesse vun de Bierger.

D'Hoffnung, Dir Dammen an Dir Hären, um Schluss sief erlaabt, dass opgrond vun der Feststellung, dass d'Unzuel vun den Dossieren zolidd zréckgaangen ass, dëst näischt mat der Persoun vum Médiateur a senger Aart a Weis ze dinn huet, mä just mat dem Emstand, dass et allgemeng manner ze knoutere gëtt.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Une voix.- Dat mengt Dir!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Eischen. Als Nächsten huet d'Wuert den honorabelen Här Marc Angel.

M. Marc Angel *(LSAP)*.- Här President, léif Vertriederinnen a Vertrieder vun der Regierung, léif Kolleeginnen a Kolleegen, och am Numm vun der LSAP-Fraktioun wëll ech hei direkt am Ufank…

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

M. le Président.- Et sinn e bësse vill Background-Geräischer. Lauschtert wann ech gelift dem Här Angel no!

M. Marc Angel *(LSAP)*.- Merci, Här President.

Ech wëll direkt, wéi gesot, och am Ufank eng Rei Mercien ausdrécken. Natierlech de Rapporteure vun deenen zwee Rapporte fir hir exzellent schréftlech, awer och mëndlech Presentatioun hei. Dat sinn den Här Oberweis an den Här Marco Schank. Den Här Oberweis fir de Rapport 2011-2012 an den Här Schank fir 2013.

Mir hunn also och engem Wonsch vun der Madame Médiateure Rechnung gedroen, dass mer elo de Rapport mam Kalennerjoer openanerbréngen, an ech mengen, dat ass och gutt esou.

Ech wëll awer och der Secrétaire-administrateur vun eiser Kommissioun, der Madame Anne Tescher, Merci soe fir hir Gedold, déi se mat eis all hat an der Kommissioun, an och fir hir exzellent Aarbecht.

An natierlech deenen zwee Presidente vun der Petitiounskommissioun, déi am Amt waren, wéi mer déi zwee Rapporte vun der Médiateure an der Kommissioun verschafft hunn. Dat ass engersäits de Camille Gira, deen elo Member an der Regierung ass, an anerersäits de Marco Schank, dee fréier an der Regierung war.

An ech mengen, dat ass interessant an et ass och gutt fir déi gutt Zesummenaarbecht. Deen ee weess, deen neie President vun der Kommissioun weess, wéi et op där enger Säit an der Regierung ass, an an der Regierung sëtzt elo een, dee weess, wéi et ass, wann ee President vun der Petitiounskommissioun ass. An ech mengen, dat kann déi gutt Zesummenaarbecht zwëschent der Petitiounskommissioun an der Regierung nëmmen nach verbesseren, an dat souwuel am Dossier, wat d'Petitiounen ubelaangt, déi normal Petitiounen, mä och am Dossier Relatioune mat der Médiateure, an och d'Aart a Weis, wéi mer hei an der Chamber dee Rapport verschaffen.

Zu där Aart a Weis, wéi mer dee Rapport hei verschaffen, wollt ech vläicht e puer Remarquë maachen. Et ass déi sechste Kéier, wou mir deen Débat hei an der Plénière hunn. D'Erfahrungen, mir hunn all Erfahrunge gesammelt: De Médiateur oder d'Médiateure kënnt, si presentéiert hire Rapport, da kënnt se nach eng Kéier an d'Petitiounskommissioun, duerno verschécke mer alles an d'Fachkommissiounen, déi empfänken da Ministeren oder Vertrieder vun den Administratiounen, an da gëtt sech oft direkt einfach där Positioun ralliéiert.

Et handelt sech awer heiansdo ëm Dossieren, déi Honnerte vu Säiten hunn, wou vläicht nach zousätzlech Erklärungen wären, an ech mengen, doriwwer musse mer vläicht an Zukunft eng Kéier schwätzen.

Ech hunn nach a mengen Notize vun där Réunioun vum 20. Januar, wéi d'Madame Err bei eis an der Kommissioun war, nogelies, dass d'Madame Err ausdrécklech gesot huet, si wär och bereet, wann de Wonsch kéim vu verschiddene Fachkommissiounen, och an d'Fachkommissiounen ze goen, fir dann nach méi Informatiounen ze ginn a fir och do kënnen da mat ze diskutéieren. Dat war leider net de Fall. Ech mengen, mir kënnen eis eng Kéier zesummesetzen a kucken, wéi mer besser nach kënnen an Zukunft schaffen.

Ech wëll awer och der Madame Médiateure villmools Merci soen an all hire Mataarbechter aus hirem Service Ombudsmann fir hir Aarbecht, déi si an deene leschte Jore gemaach huet. Si ass am Amt säit dem Joer 2012. Ech wollt just mengem Virriedner, dem Félix Braz, hei soen, en huet ugeschwat, dass d'Madame Err huet missen opgefuerdert…

Plusieurs voix.- Eischen!

M. Marc Angel *(LSAP)*.- Félix Eischen, pardon!

Une voix.- Kennt Der deen net?

Une autre voix.- Dir hutt déi zwee matenee verwiesselt.

M. Marc Angel *(LSAP)*.- Et sinn zwee Sympathescher, dofir hunn ech se matenee verwiesselt.

(Hilarité)

Entschëllegt mech! Ech mengen den Här Félix Eischen, dee gesot huet, do hätt d'Madame Err missen opgefuerdert ginn, d'Médiation civile opzehalen.

(Brouhaha)

Ech wëll just en Detail dozou ginn. D'Madame Err huet am Kader vu Formatiounen, déi si selwer gemaach huet… Si huet jo Médiatioun studéiert an huet missen nach Médiatiounen noweisen, déi se onentgeltlech gemaach huet, a si hat scho selwer déi Décisioun geholl, dat net méi ze maachen.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Dat gesot, kommen ech dann zréck. Also, ech wollt der Madame Err an hirer ganzer Équipe Merci soen, awer och dem Här Fischbach, well en Deel vum Joer 2011 an 2012 an deem Rapport, vun deem mer schwätzen, ass jo och nach ënnert dem Här Fischbach gewiescht, an ech wëll him am Numm vun der LSAP Merci soe fir seng Aarbecht, déi e vun 2004 u gemaach huet.

Mir wëssen, dass déi Institutioun Ombudsmann elo zéng Joer huet, an ech mengen, et ass eng jonk Institutioun, déi awer am Laf vun deene leschten zéng Joer ëmmer méi u Bedeitung gewonnen huet. An ech mengen, dat ass wichteg. Si huet ëmmer méi u Bedeitung gewonnen a si ass och ëmmer méi vun der Populatioun vun onsem Land, vun de Biergerinnen a Bierger vun onsem Land unerkannt ginn an och, mengen ech, gëtt déi Institutioun vun de Leit hei am Land héich geschat. Et ass also eng Institutioun, an dat wëll ech hei och am Numm vun der LSAP soen, déi net méi ewechzedenken ass.

Zéng Joer ass awer dann och vläicht de Moment, an dat seet d'Madame Err jo och, d'Madame Médiateure och an hirem Avant-propos, fir iwwert d'Zukunft nozedenken an d'Gesetz vun 2003 vläicht op de Leescht ze huelen. An ech mengen, déi Konklusioun, an dat hu mer jo och vun de Rapporteuren héieren, där Iddi huet sech jo och d'Petitiounskommissioun ugeschloss.

Ech mengen, et geet hei net par force drëms, nëmmen d'Kompetenze vum Médiateur ze erweideren, mä et geet virun allem, an dat seet d'Madame Err jo och ganz oft, ëm eng Clarificatioun vun de Kompetenzen. D'Madame Err huet hei de 16. Januar zu deem doten Thema gesot: «Ce qui va sans dire, va encore mieux en le disant!» Ech wollt dat hei répétéieren, well ech mengen, d'Clarificatioun ass do ganz wichteg.

Mir begréissen als LSAP och déi Neierungen, e puer Neierungen, déi d'Madame Err hei de 16. Januar, wéi se hire Rapport presentéiert huet, virbruecht huet. Ganz begréissenswäert ass an der zweeter Partie vum Rapport, niewent där Rubrik, wou mer iwwert d'Recommandatiounen an d'Suite, déi déi kompetent Autoritéiten deene Recommandatioune ginn, wou dat alles beschriwwe gëtt, huet d'Madame Err eng nei Rubrik derbäigesat mam Titel: «Des avis et des suggestions d'ordre pratique aux administrations». An ech mengen, grad dës Rubrik «Avis et suggestions pratiques» begréisse mir als LSAP ausdrécklech, well et sech hei, mengen ech, ëm eng proaktiv an och eng preventiv Approche handelt, fir eben an Zukunft Reklamatiounen ze verhënneren a well heiduerch och d'Répétitioun vun ähnleche Fäll verhënnert ka ginn.

Mir hu jo dëst Joer zwee Rapporte beieneen, an do gesäit een och, wéi verschidde Répétitioune sinn. An ech mengen, grad dësen Deel, dat wär, fir dat ze verhënneren. An d'Suggestiounen, déi do opgezielt gi vun der Madame Err, erlaben et och den Administratiounen, fir ebe géint identesch Problemer virzegoen, falls et méiglech ass, an dat, ouni dass e Gesetz misst geännert ginn.

Mir freeën ons als LSAP och, dass vill vun deene Suggestioune mëttlerweil schonn akzeptéiert gi sinn an och applizéiert gi si vun den Administratiounen. Et gëtt nach eng ganz Rei vun deene Suggestiounen, déi amgaang sinn, formaliséiert ze ginn, an dat soit duerch intern Instruktiounen an den Administratiounen oder duerch groussherzoglech Reglementer.

An da sinn dat net nëmme Suggestiounen an deem neie Kapitel, awer och Avisen. An ech mengen, och dat ass interessant, souwuel fir d'Regierung, fir déi Leit, déi un neie Gesetzestexter schaffen, wéi och fir eis als Deputéierten, wou mer déi Avisen och solle liesen, wou Erfahrungen, déi d'Madame Err praktesch mécht an Dossieren, ganz gutt opgezielt sinn. Ech ginn elo net an d'Detailer, mä grad, wat de Reklassement ubelaangt, sinn do ganz wichteg Informatiounen. An ech mengen, dat solle mer eis och alles uliesen a mat verschaffen, wa mer hei nei Gesetzer maachen.

D'LSAP begréisst natierlech och, dass déi Presseaarbecht vun der Madame Err... Et ass Iech opgefall, dass an alle Presseorganer regelméisseg Artikele sinn, an enger relativ einfacher Sprooch gehalen. Ech mengen, dat ass wichteg fir d'Leit dobaussen, dass iwwert d'Institutioun vun der Médiateure opgekläert gëtt, Promotioun dofir gemaach gëtt a wichteg Informatiounen erausginn.

Och hat d'Madame Err ugekënnegt, se géif zwielef ëffentlech Konferenzen halen an deenen zwielef Kantonen. Ech mengen, alles dat si Saachen, déi wichteg sinn. Och d'Kollaboratioun mat de Schoulen, déi d'Madame Err mécht, mat verschiddene Lycéeën am Kader vun der Instruction civique, souwuel mat de Schüler a mat den Enseignanten, dat ass och wichteg, dass si an hir Leit do Kontakt mat de Schoulen hunn.

Da wollt ech och hiren Asaz begréissen, an dat hu mer och an deene leschte Jore schonn oft beschwat, wat d'Vertriedung vun den Travailleurs indépendants ugeet. Et si jo vill Reclamanten, déi net d'accord si mat enger Décisioun zum Beispill vum Collège médical oder vum Ordre des Avocats oder vun der Chambre des Notaires oder vun der Vereenegung vun den Dierwiechter. An hei huet d'Madame Err jo Kontakt mat all deenen opgeholl a versicht do gemeinsam Regelen ze fannen, dass si och intern Médiatioun maachen. An, ech mengen, do ass vill geschitt an ech wëll hir do am Numm vun der LSAP och villmools Merci soen.

A wann ech richteg informéiert sinn, wäert och elo an der Formatioun beim INAP an och d'Personal vum OLAI Formatioun kréien iwwert de Médiateur. An, ech mengen, dat ass gutt esou, fir dass all Verwaltung d'Missiounen, an dat ass wichteg, dass all Verwaltung d'Missioune richteg erkläert kréien an de Médiateur net als Kontroll ugesi gëtt oder als eng Aart Procureur, wat en effektiv net ass.

Et ass och wichteg, et ass wierklech wichteg, de Rôle an d'Kompetenze vum Médiateur, dass déi kloer sinn. An ech erënneren drun, ech zitéieren nach eng Kéier d'Madame Err, wéi se de 16. Januar hei hire Rapport presentéiert huet. Si huet gesot: „Den net gudde Wëlle vu verschiddene Partner, fir eng Léisung ze fannen, gëtt kloer, wa si vun Ufank un d'Kompetenzfeld vum Médiateur contestéieren." An dofir ass et ebe wichteg, dass déi Kompetenze kloer sinn an dass déi och gutt erkläert sinn.

Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt zu enger Recommandatioun e bësschen an den Detail goen, dat ass de Code de bonne conduite, d'Recommandatioun 49, wou mer eis an der Commission des Pétitions jo ralliéiert hunn; de President huet et och hei a senger Ried gesot. Dee Code de bonne conduite huet eng ganz laang Geschicht.

Den 21. Juli 2008 hat schonn de Virgänger vun der Madame Err, de Médiateur Fischbach d'Recommandatioun 34/2008 gemaach «relative à l'introduction d'un Code de bonne conduite administrative». Dunn huet den 11. Mee den deemolege Fonction-publiques-Minister Wiseler Positioun geholl a gesot, dass déi Aspekter vun deem Code de bonne conduite, wat d'Relatioune mat de Citoyenen an Agents administratifs géif ugoen, also abezu géife ginn an de Code de déontologie vun der Fonction publique.

Déi Elementer vum Code de bonne conduite, déi awer d'Administratioun als Lieu d'accueil oder Lieu de contact géife betreffen, déi géifen a sougenannte Chartes d'accueil et de service erakommen. De 14. September 2012 huet dunn den deemolege Justizminister Biltgen d'Médiateure an och d'Fonction-publiques-Ministesch informéiert iwwert den Avant-projet vun engem Règlement grand-ducal, deen d'Deontologie-Regele vun der Fonction publique géif regelen.

Mëttlerweil wësse mer jo, dass de Conseil d'État mat där Virgoensweis net d'accord war, dass een déi Deontologie-Regele géif an engem Règlement grand-ducal festleeën. An dofir huet och deen neie Minister vun der Fonction publique, den Dan Kersch, direkt gesot, dass déi Froe vun der Deontologie mussen an dat neit Gesetz iwwert de Statut vum Fonctionnaire agebaut ginn.

Déi Recommandatioun 49, do geet et awer net nëmmen ëm Froe vun der Deontologie, do geet et och ëm Froe vun der „bonne pratique administrative". An d'Madame Médiateure erkläert dat ganz gutt a si huet sech och inspiréiert, an dat schreift se och, un deem, wat um EU-Niveau leeft. Um EU-Niveau sinn an zwee verschiddenen Dokumenter engersäits déi deontologesch Obligatioune vun den EU-Fonctionnairë festgeschriwwen an dann anerersäits gëtt et e Code de bonne conduite administrative.

D'Fonctioun vun esou engem Code de bonne conduite ass et jo, fir eng Kultur an den Administratiounen ze garantéieren, déi achséiert ass op Service an op Effikassitéit. D'Administratioun däerf sech net contentéieren, hir legal Missioun am engste Sënn vum Wuert ze exekutéieren. Si muss den Usager, fir net Administré ze soen, an de Mëttelpunkt stellen. An déi dote Praxis gëtt zum Gléck an deene meeschte Verwaltungen jo och schonn ugewannt. An esou Prinzipien a Regele vun der „bonne conduite administrative" erlaben et och dem Médiateur, am Fall vu Reklamatiounen, seng Evaluatioun dann esou objektiv wéi méiglech ze maachen. Esou e Code de bonne conduite ass also och en Outil d'évaluation. An ech mengen, déi Meenung deelen ech, déi huet jo och d'Commission des Pétitions mat der Madame Médiateure gedeelt.

An dat war och schonn an der leschter Petitiounskommissioun de Fall, an dofir kënne mer ons och all freeën, mat der Médiateure, wéi si och an hirem Rapport schreift, dass d'Regierung, déi nei Regierung an hirer Regierungserklärung schreift: «le Gouvernement mettra en œuvre un code de bonne conduite administrative».

Ech erlabe mer dofir dem Här Dan Kersch, dem zoustännege Minister awer nach eng Fro ze stellen. D'Madame Médiateure kënnt jo, wéi gesot, an hirem Rapport zweemol hei drop zréck a si schreift, an dofir wëll ech zitéieren, wa si iwwert dee Code de bonne conduite schreift, ech zitéieren: «Il s'agit en effet de soft law, c'est-à-dire de règles de conduite adéquate au sein de l'administration, qui ne doit pas passer par la procédure légale usuelle. Pour clarifier la nature particulière desdites règles, la dénomination de guide de bonnes pratiques administratives aurait l'avantage de ne pas laisser subsister le doute sur la nature sui generis du document en question.» Meng Fro un de Minister ass, ob Dir och déi do Ausso zum Deel kënnt deelen.

D'Médiateure schreift dann nach op Säit 93, dass si iwwerzeegt ass, dass de Code, deen d'Regierung an hirer Regierungserklärung annoncéiert huet, dat ass, wat si mengt. Ech mengen, doriwwer kënne mer jo dann och nach Informatioune kréien. Mir sinn op jidde Fall als LSAP der Meenung, dass esou e Guide de bonnes pratiques wichteg ass an dozou bäidréit, fir d'Décisioune vun Administratioune méi kloer a méi transparent ze maachen an et ze erlaben, dem Usager, awer och dem Beamten, d'Ausmooss an d'Grenze vu senge Rechter a vu senge Flichten ze kennen.

A se erlaben et, wéi gesot, der Médiateure, am Fall vu Reklamatiounen, eng Prise de décision administrative net nëmme par rapport zur Konformitéit zum Droit, mä awer och par rapport zu der Aart a Weis, wéi esou eng Décisioun geholl gouf, andeem se sech baséiere kann op Kritären, déi an engem Guide de bonnes pratiques stinn.

D'Délais de recours waren och ugeschnidde gi vun der Madame Err - de Justizminister ass awer elo net hei, mä, ech mengen, do hu jo och meng Virriedner scho vill dozou gesot. Ech mengen, do ass et wichteg, dass, wéi d'Commission juridique gesot huet, do soll do eng Étude de droit comparé gemaach ginn. D'Belsch, déi hunn dat elo, dass et do en Délai de recours gëtt, wann d'Leit bei de Médiateur ginn. An ech mengen, do suivéiere mer elo emol d'Aarbechten am Justizministère, an dann hoffe mer, dass mer do och deen Délai an eist Gesetz erakréien. Well deen Délai gëtt et iwwregens och bei der Médiation civile et commerciale.

Ech kierzen e bëssen, well scho villes gesot ass, léif Kolleeginnen a Kolleegen. Dann ass nach d'Fro vum Secret - déi ass och schonn ugeschwat ginn -, ob een der Médiateure kann e Secret médical oder en anere Secret opposéieren. D'Gesetz gesäit just dräi Secrete vir, déi ee kann der Médiateure opposéieren. Dat ass dee vun der Défense nationale, d'Sûreté de l'État an d'Politique extérieure. An dofir, mengen ech, ass dat och eng Fro, wou mer wierklech als LSAP och d'Meenung deele vun der Institutiounskommissioun an der Petitiounskommissioun, dass een hei keng aner Secreten der Médiateure kann opposéieren.

An ech erënneren och drun, wat d'Institutiounskommissioun gesot huet am Avis 2003, wéi mer d'Gesetz kritt hunn iwwert de Médiateur. Do hat de Conseil d'État och nach aner Secreten opgezielt, an d'Commission des Institutions huet deemools den Avis vum Conseil d'État an där doter Fro och net befollegt an huet sech just op dräi Exceptiounen, d'Défense nationale, d'Sûreté an d'Politique extérieure limitéiert.

D'LSAP-Fraktioun ralliéiert sech natierlech och, wéi d'Commission des Pétitions an d'Institutiounskommissioun, op déi Initiativ vun der Maison des Droits de l'Homme, déi steet jo och an der Regierungserklärung dran, wou den ORK, also den Ombudskomitee fir Kannerrechter, de Centre d'égalité de traitement an d'Commission consultative des Droits de l'Homme an d'Mediatur sollen ënner engem Daach sinn, mat Pignon sur rue a visibel fir d'Biergerinnen an d'Bierger. Dat ass e Projet, wou mir och hoffen als LSAP-Fraktioun, dass deen esou séier wéi méiglech ka realiséiert ginn an dass mer dat kënnen d'nächst Joer aweie goen.

D'LSAP begréisst och d'Konklusioune vun der Petitiounskommissioun an der Institutiounskommissioun, dass déi zwou Kommissioune sech der Médiateure ralliéiere bei hirer Interpretatioun, dass d'Saisine vum Médiateur conjointement mat engem Recours juridictionnel méiglech ass.

Da schléisse mer eis natierlech och de Konklusioune vum Rapport vum Här Schank un, dass sech, wéi gesot, eng Evaluatioun vum Gesetz vun 2003 iwwert de Médiateur imposéiert, fir dass mer déi Froen, déi ech elo deelweis ugeschwat hunn, déi anerer ugeschwat hu viru mir an déi sécher nach aner Froen, déi vun den nofolgende Riedner ugeschwat ginn, fir dass mer dës Froen, wou mer deelweis e Konsens hunn, ee fir allemol kënne beäntwerten. An et geet drëms, wéi ech ufanks gesot hunn hei, virun allem ëm Clarificatioun.

D'Fro vun der Promotioun an der Protektioun vun de Mënscherechter, déi ass ugeschwat ginn, d'Suspensioun vum Délai de recours, d'Denominatioun - wou ech net wëll weider drop agoen, wéi d'Institutioun soll genannt ginn; ech mengen, do hunn d'Virriedner scho vill gesot - an dann och nach d'Fro vun de Secreten, déi opposabel sinn, déi ech ugeschwat hunn.

Alles dat si Froen, wou mer elo missten, mengen ech, Neel mat Käpp maachen. An dofir, soen ech, ass et jo och ze begréissen, dass d'Regierung an hirer Erklärung seet, also, mir hunn als Konklusioun vun der Petitiounskommissioun gesot, mir solle vum Gesetz vun 2003 eng Evaluatioun maachen. Ech mengen, dee Konsens besteet, déi gëtt elo gemaach. An da soll aus der Evaluatioun d'Regierung hir Aarbecht maachen, a wéi se och an der Regierungserklärung schreift. Si mécht dann eng Analys, si soll analyséieren: «la possibilité de reformer l'institution du Médiateur».

Op deene Froen, wat d'Mënscherechter ubelaangt, wat jo d'Regierung och seet, an dann d'Fro vum Traitement égal, deen d'Regierung wëllt, fir all Reklamant vun Etablissementer, déi mat der Gestioun vun engem Service public chargéiert sinn an déi mat ëffentleche Gelder finanzéiert ginn. Dat ass wichteg. An dann, drëttens, d'Regierung wäert och dofir suergen, seet se an hirer Erklärung, dass d'Uwende vum Schutz vu Leit mat spezifesche Besoinen, souwuel am Secteur privé wéi am Secteur public garantéiert ass.

Wéi gesot, an all dëse Froe leie Léisungen um Dësch, Léisungen vun der Médiateure, Léisungen, déi heiansdo anerer si vun deene verschiddene Kommissiounen, vun der Commission des Pétitions. Wéi gesot, a ville Punkte si mer eis eens. Dofir den Opruff, elo musse mer Neel mat Käpp maachen.

Zum Ofschloss wëll ech eppes soen: Ech hunn ugefaange mat ville Mercien, ech wëll och mat Mercien ofschléissen, an de Lëtzebuerger Verwaltunge Merci soen an all deene ville Leit, déi an onse Verwaltungen dagdeeglech am Déngscht vum Bierger schaffen.

Wat mir haut hei diskutéiert hunn, si jo Ausnahmefäll, dat si Reklamatiounen. An dofir soll een net mengen, iwwerall géif alles schlecht goen. Mir hunn eng exzellent Fonction publique, an dat schätze mir och. Mir diskutéieren haut, wéi gesot, déi Exceptiounen, déi Reklamatiounen. A wa mer eis Aarbecht och gutt maachen, da kréie mer all Joers manner Reklamatiounen ze traitéieren. Dofir wëll ech natierlech och all deene Leit Merci soen, an och wëll ech deenen Administratioune Merci soen - an dat huet d'Madame Err jo och an hirem Rapport gesot - fir déi gutt Kooperatioun zwëschent den Administratiounen an dem Service vun der Médiatioun.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir ofzeschléissen, all Biergerin, all Bierger huet d'Recht op eng gutt Verwaltung, an d'Missioun vum Médiateur ass d'Applicatioun vun dësem esou wichtege Prinzip. An dëse Prinzip ass iwwregens och am Artikel 4 vun der Charte des droits fondamentaux vun der Unioun, vun der Europäescher Unioun ganz fest verankert an et ass un eis, un der Chamber, zesumme mat der Regierung an zesumme mat der Médiateure, fir dëse Prinzip ze garantéiere fir eis Biergerinnen a Bierger.

Dat gesot, soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme la Présidente.- Merci, Här Angel, fir déi flott Interventioun. Als nächste Riedner ass ageschriwwen: den Här Deputéierte Guy Arendt.

M. Guy Arendt *(DP)*.- Merci, Madame Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, de Rapport vum Ombudsmann 2011-2012 war d'lescht Joer drop an dru vu sengem Rapporteur, mengem Parteikolleeg, dem André Bauler hei virgestallt ze ginn. No de Wahlen ass et elo un der Oppositioun, e virzestellen. An op dëser Plaz soen ech dem André awer nach eng Kéier Merci fir de Rapport a seng exzellent Viraarbecht, op déi meng Interventioun sech bezitt.

Mëttlerweil sinn zwou Recommandatiounen ëmgesat ginn, mä ee vun den Haaptsujeten aus dem Rapport ass nach ëmmer aktuell. Der Madame Err hiren éischte Rapport huet virun allem op déi éischt aacht Joer vum Médiateur sengem Bestoen zréckgekuckt. Déi nei Médiateure huet d'Geleeënheet genotzt, fir eemol Bilanz iwwert den Ëmfang vun hirem Mandat ze maachen.

2003 huet e Gesetz de Médiateur an d'Liewe geruff. Eng Institutioun, déi um Pabeier steet, brauch seng Zäit, bis dass se op de Bee steet an et kann een net mat genauer Prezisioun viraussoen, wéi sech esou eng Institutioun entwéckelt. Eréischt am Laf vun de Jore fält eis op, dass verschidden Aspekter geännert musse ginn. Et gouf vläicht net alles direkt agesat, an eng Revisioun vum Gesetz drängt sech dofir op.

Madame Presidentin, de Marc Fischbach huet schonn drop opmierksam gemaach, dass dem Gesetz no, d'Reklamatiounen, déi de Fonctionnement vu Stats- a Gemengeverwaltungen, esou wéi och déi vun den ëffentlechen Établissementer a Fro stellen, ënnert dem Médiateur seng Kompetenze falen.

An dem Spidolssecteur, an et ass schonn ugeklongen de Mëtteg, beschränkt dem Médiateur seng Kompetenz sech zum Beispill awer ausschliisslech op déi Spideeler, déi en ëffentleche Statut hunn, während Kloen aus private Kliniken net kënne beim Ombudsmann behandelt ginn. Dës Kliniken ënnerleien net senger Kompetenz. Esou stellt sech berechtegterweis d'Fro vun der Kohärenz am Médiateur senger Aktioun.

An där preziser Fro stellt sech d'DP hannert der Kommissioun hir Positioun, déi seet, dass, ier d'Kompetenze vum Médiateur kënnen erweidert ginn, sech fir d'Éischt eng ganz Rei aner Froe musse gestallt ginn. Mir musse fir d'Éischt ganz kloer den Term „service public" definéieren. Wat fält genau ënnert deen Term „service public"?

Wéi solle mer dat definéieren? Jee no Secteur? Andeem mer objektiv Kritäre festleeën, wéi zum Beispill en Agrément, oder d'Héicht vun de Subventiounen, déi eng privat Klinik oder konventionéiert Strukture wéi Crèchen oder Maisons relais kréien? D'Notioun soll am Kader vun enger Revisioun vum Médiateursgesetz festgeluecht ginn.

Ech wëll och kuerz op d'Diskussioun agoen, wou virgeschloe gëtt, dem Médiateur en neien Numm wëllen ze ginn, an zwar dee vum „Ombudsmédiateur". Vläicht géif dës nei Benennung d'Kompetenz vum Médiateur besser erëmginn, well souwuel Elementer aus dem skandinavesche Modell vum Ombudsmann an eiser Institutioun zréckzefanne si wéi och d'Technik vun der Médiatioun.

Ech denken awer net, dass d'Verwiesslungsgefor zwëschent dem Médiateur an dem Médiateur judiciaire wierklech esou grouss wier, dass mir den Numm sollten ëmänneren. An der kommerzieller an ziviler Médiatioun ass de Sträitfall zwëschent zwou concernéierte Parteien, déi wëssen, ëm wéi e Médiateur et sech handelt.

Dann ass et och esou, dass et hei zu Lëtzebuerg eng gewësse Personaliséierung ëm de Médiateur gëtt. Den Numm vun der Persoun um Poste geet ganz oft duer, fir ze wëssen, ëm ween an ëm wat et geet. An och wann den offiziellen Titel dee vum „Médiateur du Grand-Duché de Luxembourg" ass, bleift den Term „Ombudsmann" an der Ëmgangssprooch am Gebrauch. D'DP hält den Term „Ombudsmédiateur" fir e ganz onglécklechen a schwéierfällegen Term.

Wat den Droit d'auto-saisine ubelaangt, ass meng Fraktioun der Meenung, dass déi aktuell Kompetenzen a puncto Saisine, wéi se am Gesetz virgesi goufen, duerginn, soudass de Médiateur keen Droit d'auto-saisine soll kréien. Den Droit d'auto-saisine geet wäit iwwert d'Attributiounen eraus, déi d'Gesetz vun 2003 virgesäit.

Dem Médiateur seng Missioun ass et, vu concernéierte Bierger Kloen unzehuele betreffend de Fonctionnement vun de staatleche Verwaltungen a vun de Gemenge souwéi vun ëffentlechen Établissementer. Sollt de Médiateur feststellen, dass ee bestëmmte Fall, deen him ënnerbreet gouf, keen Eenzelfall ass, huet e jo ëmmer de Moyen vun der Recommandatioun, déi en dann an engem bestëmmte Kontext ausschwätze kann.

Madame Presidentin, léif Kolleegen, ech sinn och frou kënne festzestellen, dass fir d'Recommandatioun 47, déi drop opmierksam gemaach huet, dass d'Indépendanten, déi an de Congé parental ginn, an hirer Indemnité de congé de maternité benodeelegt sinn, eng Léisung fonnt ginn ass. Indépendantë sinn net grad heefeg an der Zuel. Wéineg Fraen entscheede sech fir esou e beruffleche Statut. Et ass vill Asaz gefrot, an zemools während enger Schwangerschaft an an den éischte Méint no der Gebuert ass et wichteg, adequat ënnerstëtzt ze ginn. Hei huet sech ganz kloer eng Fro vu Gläichbehandlung gestallt. Déi Fraen, déi sech fir e liberale Beruff entscheet hunn, konnten op kee Fall vis-à-vis vun de Salariëë weider diskriminéiert ginn.

Eng vun de grousse Recommandatiounen, déi och schonn am Här Fischbach sengem Rapport virgeluecht gouf, ass d'Recommandatioun 45 zum Iwwerwaachungsorgan iwwert d'Ordres professionnels. Et ass och schonn driwwer Rieds gewiescht. No der urspréngleche Iddi, een externt Kontrollorgan anzeféieren, war d'Pist vun enger interner Médiatioun, déi géif erlaben, eng Aart Recoursprozedur innerhalb vum Ordre anzeféieren, ugeschwat ginn. D'Aféierung vun interne Médiatiounsstrukturen ass eng gutt Iddi. Mir als DP soen awer, dass de Format fir all Ordre oder Chambre deen nämlechte sollt sinn. De Médiateur soll awer an deem Kontext keng Roll spillen.

Déi lescht Entwécklunge vun dëser Recommandatioun ginn de Wee iwwert d'Fédération luxembourgeoise des travailleurs intellectuels indépendants. Dëst soll de Virdeel hunn, dass net nëmmen déi fënnef Ordren, wéi se elo bestinn - d'Chambre des Notaires, den Ordre des Architectes et des Ingénieurs, d'Chambre des Huissiers de justice, de Collège médical an den Uerder vun den Affekoten -, mä all d'Membere vun der FTI, esou wéi d'Assureuren oder d'Kinéën, eng intern Médiatiounsstell kréien, wat natierlech d'Kohärenz an d'Visibilitéit vun deem Ganzen erhéicht.

De Virschlag, iwwert d'FTI an enger zweeter Phas eng extern Médiatiounsstell ze schafen, gesi mir als eng eventuell Méiglechkeet. Dach denke mir, dass niewent dëser externer Ulafstell awer och am Orden oder Chamber vum jeeweilege Beruff d'intern Médiatioun muss bestoe bleiwen.

Loosst mech nach op e leschte Punkt agoen, an zwar dem Médiateur seng Kompetenz am Beräich vun de Mënscherechter. Bei der Diskussioun, ween déi zoustänneg Institutioun am Fall vu Plaintë vun handicapéierte Leit géint een Organisme à statut privé wier, war gemengt ginn, dem Médiateur ausdrécklech Kompetenzen an deem Beräich vun de Mënscherechter ze ginn.

Op kee Fall sollten déi Funktiounen a spezifesche Secteuren opgedeelt ginn, mä de Médiateur sollt eng Institution extraordinaire mat enger genereller Funktioun bleiwen, déi aner Kontrollorganer just soll ergänzen.

Am Moment huet d'Mënscherechtskommissioun just eng generell Mission de défense ouni awer kënnen individuell Plainten unzehuelen. Esou wéi ech dat schonn am Ufank erkläert hunn, misst déi Erweiderung vun der Kompetenz iwwer eng Gesetzesännerung goen. Ech erënnere just drun, dass d'Institutiounskommissioun drop opmierksam gemaach huet, dass déi Erweiderung awer eng Rei weider Froe wäert opwerfen, an zwar: Wéi gesäit et mat deenen aneren Organer aus, déi fir d'Protektioun an d'Promotioun vun de Mënscherechter schaffen? Missten déi net och hir Kompetenzen erweidert kréien?

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen elo op de Rapport vun der Médiateure fir d'Joer 2013 ze schwätzen. Nodeems dësen de 16. Januar dëses Joers an der Chamber virgestallt gouf, ass an all den zoustännege Kommissiounen dee Rapport analyséiert ginn, fir eben haut en Débat d'orientation iwwert dëse Rapport ze organiséieren.

Et ass op dëser Plaz net meng Aufgab, fir dem Rapporteur seng exzellent Aarbecht nach eng Kéier ze maachen, an dofir wëll ech hei och net op de statisteschen Deel vum Rapport zréckkommen. Et muss een awer feststellen, dass d'Médiateure vill ze dinn huet, wat en Zeechen ass, dass och am Joer 2013 d'Leit sech u si gewannt hunn; dass de Médiateur also seng Plaz an eisen Institutiounen definitiv fonnt huet.

D'Dossieren, déi bei der Médiateure um Dësch leien, beinhalte Reklamatiounen aus ganz verschiddenen Domäner, esou wéi zum Beispill am Domän vun der Immigratioun, dem Logement, Steierfroen, der Sécurité sociale an dem Kannergeld. Wéi Der wësst, beschäftegt sech d'Médiateure och mat Themen, op deenen et op Gemengenniveau Reklamatioune gëtt, esou zum Beispill wat urbanistesch Froen ugeet.

Mat dësem kuerzen Exposé wollt ech eis all heibannen nach eng Kéier virun Ae féieren, dass d'Institutioun vun der Médiateure Funktiounen iwwerhëlt, déi wichteg sinn, fir dass eise Statsapparat déi konkret Suerge vun eise Matbierger besser erfaassen an da léise kann. Et ass och an deem Sënn, dass d'Médiateure d'Méiglechkeet an hirem Rapport huet, fir eng Rei Recommandatiounen ze maachen.

An anere Wierder: Si weist de Législateur op eventuell Schwieregkeeten hin, déi d'Leit an der alldeeglecher Applikatioun vun Dispositiounen hunn. Ech mengen, mir sinn eis all heibannen eens, dass esou d'Médiateure och dozou bäidroe kann, fir d'Simplification administrative weiderzeféieren.

D'Recommandatioun 50, déi d'Médiateure an hirem Rapport vum Joer 2013 publizéiert, handelt vun de Recevabilitéitskonditioune bei Demandë fir de retroaktive Kaf vun Assurancëperioden. Dëst ass zum Beispill de Fall bei Leit, déi zu engem Moment an hirem Liewen eng Zäitchen net méi oder manner geschafft hunn an duerno d'Méiglechkeet hunn, fir dës Zäit souzesoen zréckzekafen.

An dësem Zesummenhang schléit d'Médiateure vir, fir de Seuil vu 65 Joer, virun deem esou en Zréckkaf ugefrot gi muss, op 67 Joer ze erhéijen. Si berifft sech an hirer Argumentatioun och op eng Publikatioun vun der OCDE, déi ebenfalls op eng Simplification administrative op dësem Punkt hiweist. D'DP deelt dee Virschlag vun der Médiateure an dëser Fro.

Dës Recommandatioun ass also e Beispill, wéi nëtzlech d'Aarbechte vun der Médiateure sinn. Eng Aarbecht, déi derfir suergt, dass de Kontakt tëschent dem Législateur an dem Bierger am Sënn vu béiden ass. Op där enger Säit kënnen eis Dispositiounen esou nach méi no beim Bierger sinn, an op där anerer Säit gëtt dem Bierger säin Ëmgang mat den Administratioune vereinfacht.

Wéi ech dat schonn ugeschwat hat, huet all zoustänneg Kommissioun de Rapport vun der Médiateure analyséiert, besonnesch wat déi Punkten uginn, déi am Zesummenhang mat hire Kompetenze stinn. Och deen Deel huet de Rapporteur schonn am Detail virgedroen, soudass et fir mech do näischt méi bäizefüge gëtt. Datselwecht gëllt fir d'Ëmsetze vu Recommandatiounen, déi schonn an de leschte Jore vun dem Médiateur publizéiert goufen.

Ech wëll dann awer nach kuerz op e puer Konklusioune vun der Commission des Pétitions agoen.

Wéi schonn an deene viregte Rapporten, gëtt och an dësem erëm d'Fro opgeworf, ob et net méi kohärent wier, fir d'Kompetenze vum Médiateur ze erweideren. Wéi ech dat elo ebe schonn am Zesummenhang mat dem Rapport vun 2011-2012 gesot hunn, widderhuelen ech op dëser Plaz nach eng Kéier d'Positioun vu menger Fraktioun zu dësem Thema.

Ier d'Kompetenze vum Médiateur kënnen erweidert ginn, ass et néideg, sech als Éischt eng ganz Rei aner Froen ze stellen. Eng ganz zentral Fro ass, wéi een d'Notioun vum „service public" genau definéiert.

D'Médiateure stellt fest, dass, wann eng Reklamatioun beim Médiateur déposéiert gëtt, doduerch den Délai vun engem Recours virun de Juridictiounen net ënnerbrach gëtt. Well et doweinst awer zu Komplikatioune komme kann, gëtt proposéiert, en Délai de suspension vun dräi Méint anzeféiere fir Reklamatiounen, déi virun de Médiateur bruecht goufen.

D'Petitiounskommissioun begréisst op dësem Punkt d'Initiativ vun der Commission juridique, fir de Justizminister ze invitéieren, eng Etüd ze maachen, fir erauszefannen, wéi dës Fro an anere Législatioune gehandhabt gëtt.

Och an dësem Rapport weist d'Petitiounskommissioun op eng Diskussioun iwwert den Numm vun der Institutioun vum Médiateur

hin, deem säin Numm seng Funktioune besser beschreiwe sollt. An dësem Kontext verweisen ech op d'Positioun vun der DP, déi ech lech virun e puer Minutten op dëser Plaz beschriwwen hunn.

Am Allgemenge schléit d'Petitiounskommissioun eng Evaluatioun vum Gesetz vum 22. August 2003 iwwert de Médiateur vir.

Zum Schluss invitéiert d'Petitiounskommissioun dann nach d'Regierung, hir Administratiounen drop opmierksam ze maachen, hir Äntwerten an de virgesinnenen Délaie matzedeelen. Och hei si mer erëm am Beräich vun der Simplification administrative.

Madame Presidentin, mir stelle fest, dass de Médiateur nach eng jonk Institutioun ass. Vill Froe ronderëm seng prezis Kompetenze mussen nach beäntwert ginn. An ech denken, dass kee Wee laanscht eng Gesetzesännerung wäert féieren.

D'Demokratesch Partei wäert all Ännerung, fir dem Médiateur all déi Mëttel ze ginn, fir kënne seng Missioun an de beschte Konditiounen auszeféieren, ënnerstëtzen, hätt awer Schwieregkeeten dermat, wann dem Médiateur seng Kompetenze wäit iwwert dat, wat 2003 virgesi wor, géife goen.

De Médiateur ass eng Institutioun, deem seng Rapporten dem Législateur vu grousser Hëllef sinn, wann et drëms geet, Gesetzer ze schafen oder se ze änneren, fir de Realitéite vun de Bierger Rechnung ze droen.

Ech soen lech villmools Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme la Présidente.- Merci dem Här Deputéierte Guy Arendt fir seng interessant Kontributioun. Als nächste Riedner assageschriwwen den Här Roberto Traversini.

M. Roberto Traversini *(déi gréng)*.- Merci, Madame Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt fir d'Éischt soen, dass et schéin ass fir mech an dass ech frou sinn, dass ech däerf hei stoen.

Am Numm vun der grénger Fraktioun wëll ech och fir d'Éischt deenen zwee Rapporteure Merci soe fir déi ausféierlech schrëftlech a mëndlech Rapporten. Et gouf scho vill vu menge Virriedner gesot, an ech wëll hei net alles nach eng Kéier widderhuelen, just fir et gesot ze hunn. D'Zuelen aus de Rapporte schwätze fir sech an och déi wichtegst Recommandatioune goufen hei scho ganz gutt kommentéiert. Ech wëll dofir just op e puer generell Punkten agoen, déi mir a menger grénger Fraktioun besonnesch um Häerz leien.

Fir d'Éischt e Wuert zu de Rapporten. Si weise ganz kloer, esou wéi och schonn déi aus de viregte Joren, dass d'Institutioun vum Ombudsmann an eppes méi wéi zéng Joer Existenz eng wichteg Kraaft hei am Land ginn ass. Den Ombudsmann als Vermëttler tëschent dem Bierger an dem Stat dréit ënner anerem dozou bäi, dass d'Bierger méi einfach zu hirem Recht kommen, schléit Verbesserungen an administrative Prozesser oder der Gesetzgebung vir a kann doduerch aktiv Inegalitéite bekämpfen. Ech mengen, mir sinn eis all eens, fir ze soen, dass den Ombudsmann eng essenziell Institutioun an engem demokrateschen a rechtsstaatleche Land ass.

Une voix.- Très bien!

M. Roberto Traversini *(déi gréng)*.- Zënter dass d'Madame Err d'Funktioun vum Ombudsmann vun hirem Virgänger iwwerholl huet, huet si aktiv dorunner geschafft, déi gutt Aarbecht, déi bis dohi geleescht gi war, weider ze verbesseren, an zwar am Sënn vun nach méi enger grousser Accessibilitéit fir d'Bierger. Beispiller si méi intensiv perséinlech Kontakter mat de Leit, déi eng Reklamatioun eraginn, an awer och d'Vereinfachung vun der Sprooch, an där si hir Korrespondenz mat de Bierger gestalt. E klenge Geste mat grousse Wierkungen!

Ech perséinlech géif et sënnvoll fannen, wann och déi aner Administratiounen deem Beispill méi konsequent géifen nokommen. Well net selte sinn effektiv banal Verständnisproblemer um Ursprong vu Litigen tëschent Bierger an Administratiounen.

Une voix.- Très bien!

M. Roberto Traversini *(déi gréng)*.- Da gëtt d'Madame Err sech grouss Méi, fir Problemer aus der Welt ze schafen, nach ier se zu engem Fall fir den Ombudsmann ginn. Dat erkläert dann och vläicht d'Zuel, dass déi erofgaangen ass. Zum Beispill, andeem se direkt eng informell an onbürokratesch Léisung mat de betraffenen Administratioune sicht, ier de Fall formell an hire Servicer op den Instanzewee geet. Dës Approche ass sécherlech sënnvoll, well se eng séier Léisung vu ville Problemer erlaabt an den Administratiounen d'Geleeënheet gëtt, hir Prozeduren ze verbesseren, ouni ëffentlech un de Pranger gestallt ze ginn.

Dës Fäll tauchen dann awer och net méi am Rapport annuel vum Ombudsmann op. Ech fannen dat éierlech gesot schued, dass dës Fäll net am Rapport genannt ginn. Ech géif gär hei d'Fro opwerfen, ob et net interessant wier, dës Fäll am Rapport ze integréieren oder op d'mannst eenzel Fäll méi genee ze presentéieren, well se fir gewëssen Dysfonctionnementer Verbesserungsméiglechkeeten opweisen.

Dëst si Froen, déi ech mer gestallt hunn a wou et sécher derwäert ass, eemol driwwer nozedenken.

Doriwwer eraus goufen et eng Partie Denkustéiss an de Rapporte vun der Madame Err, déi am Kader vun enger Réevaluatioun vum Gesetz vun 2003 sollten ugaange ginn, notamment fir d'Missioun vum Ombudsmann méi breet ze definéieren. Dës Fro gëtt jo scho méi laang diskutéiert.

D'Propos, déi mir als gréng Fraktioun och ënnerstëtzen, gesäit vir, dass den Ombudsmann soll iwwerall do kënnen aktiv ginn, wou eng Missioun vum Service public assuréiert gëtt a wou ëffentlech Gelder fléissen, fir de Finanzement ze ënnerstëtzen. Dat kann am Beräich si vum Gesondheetswiesen, bei de Spideeler, beim ëffentlechen Transport, bei de Maison-relaisen, bei private Schoulen a Lycéeën.

Et ass awer jo eng kloer Ongerechtegkeet, wa verschidde Bierger am Fall vun engem Konflikt mat engem Prestataire de service kënnen op den Ombudsmann zréckgräifen an déi aner net.

Beispiller gëtt et genuch a se goufen och, mengen ech, bal all hei opgezielt.

Et goufen natierlech scho kritesch Stëmmen aus der Privatwirtschaft, déi gesot hunn, dass et kéint zu enger ongläicher Konkurrenzsituatioun kommen, wa scho verschidden Entreprisen an e Kompetenzfeld vum Ombudsmann falen an déi aner net. Dat ass eiser Meenung no kee valabelt Argument, well déi privat a konventionéiert Acteuren, déi eng Mission de service public erfëllen, ginn dee Moment jo awer all d'selwecht behandelt. An doduerch, dass se ëffentlech Gelder kréien, spille se souwisou an enger anerer Liga wéi déi aner, déi ebe keng Mission de service public assuréieren.

Schonn am Débat d'orientation iwwert de Rapport vum Médiateur am Joer 2012 war gesot ginn, dass d'Institutiounskommissioun den Optrag sollt kréien, fir eng genee Definitioun vun der Notioun vum „service public" ze liwweren. An där Definitioun soll d'Natur vum Service berücksichtegt ginn an de Prozentsaz vum ëffentleche Finanzement. D'Kombinatioun vun deenen zwee Elementer ass dann ausschlaggebend, fir d'Aschalte vum Ombudsmann méiglech ze maachen oder eben net.

D'Petitiounskommissioun huet sech virgeholl, sech geschwënn - ech hoffen op alle Fall! - mat der Institutiounskommissioun zesummenzesetzen, fir dës Fro ze diskutéieren an endlech e Schrëtt weiderzekommen an dësem Chantier. Well soulaang dës Fro net beäntwert ass, ginn d'Bierger an zwou Kategorien agedeelt, wat hiert Recht op den Ombudsmann ugeet, an dat ass op Dauer net gutt.

Hei gëtt een duuschtereg.

(Hilarité et interruptions)

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Huelt lech Zäit!

(Hilarité)

M. Roberto Traversini *(déi gréng)*.- Merci, Här Gibéryen.

Zum Thema vun de Kompetenzfelder vum Ombudsmann ass ze bemierken, dass elo mam neie Gesetz iwwert d'Patienterechter, dat mer jo eréischt virun e puer Wochen hei gestëmmt hunn, eng Médiatiounsinstanz fir de Gesondheetssecteur geschafe gëtt. Dëse Gesondheetsmédiateur wier dann zoustänneg, fir d'Reklamatiounen aus dem gesamte Gesondheetssecteur unzehuelen, onofhängeg dovunner, ob et sech ëm e privaten oder e staatleche Prestataire handelt.

Dëst ass zumindest an der Theorie eng gutt Saach. Mir mussen d'Evolutioun vun där neier Médiatiounsinstanz opmierksam verfollegen, fir ze kucken, ob se hiren Zweck erfëllt.

Och an anere Beruffssparte ginn et ewell Médiateuren. Dës sektoriell Médiatioun ass sécherlech eng gutt Saach a schreift sech an déi jorelaang Beméiunge vun eisem Land an, alternativ Weeër zu Konfliktléisungen ze fannen, wéi just de Wee op d'Geriichter.

Ech muss allerdéngs dozou bemierken, dass do nach Verbesserungsbedarf besteet, well net ëmmer agreéiert Médiateuren op dës Aufgab gesat ginn. Dat ass iwwregens och beim nei geschafene Gesondheetsmédiateur de Fall, wou am Gesetzestext net explizit en agreéierte Médiateur virgesinn ass. Dat war esou gewollt, mä mir sollten trotzdeem an e puer Joer eng Evaluatioun maachen, fir ze kucken, ob dës Décisioun déi richteg war. Op jidde Fall hu mer elo mam Unistudium a mam Gesetz iwwert de Médiateur agréé d'Rahmebedéngunge geschafen, fir de Bierger en héichwäertege Service am Beräich Médiatioun kënnen unzebidden.

Och hei am Beräich vun der professioneller an interprofessioneller Médiatioun huet d'Madame Err mat ugepaakt a gehollef, ee Krees vu Leit opzebauen, déi an hire jeeweilege Beruffssparte Médiatiounsstrukture schafen oder wäerte schafen. Dës Architekten, Dokteren, Affekote maachen d'Formatioun, fir kënnen als Médiateur ze schaffen. Mir begréissen dës Initiativ an hoffen, datt se sech an Zukunft wäert positiv weiderentwéckelen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Da wéilt ech hei e puer méi kuerz Sätz verléieren iwwer en anere Punkt, an deem mir als Petitiounskommissioun wäerten deemnächst tranchéiere mussen: d'Fro vun der offizieller Denominatioun. Zur Wiel stinn: „Ombudsman" mat just engem N, „Ombudsmann" mat zwee N, „Ombudsfra", „Ombudspersoun", „Ombudsinstanz", „Médiateur", „Médiatrice", „Ombudsmédiateur". „Knoutermann" oder „Knouterfra" sinn och ganz sympathesch Proposen, déi allerdéngs net wierklech d'Missioun vum ëffentleche Médiateur erëmspigelen.

Um Internet fënnt een d'Madame Err iwwregens ënnert dem „www.ombudsman.lu", am Géigesaz zum ursprénglechen Term „Médiateur" aus dem Gesetzestext vun 2003. Dat war, mengen ech, hunn ech op alle Fall emol gesot kritt, dem Här Fischbach seng perséinlech Initiativ, fir dësen Term ze iwwerhuelen.

D'Argument, dass den Term „Médiateur" oder „Médiatrice" zu Konfusioune ka féieren, kann ech aus perséinlecher Erfahrung bestätegen. Ausserdeem schéngt et mer wichteg, an der offizieller Denominatioun och déi institutionell Médiatioun vun der ziviler ze ënnerscheede respektiv se ervirzehiewen.

Déi gréng Fraktioun ass der Meenung, dass déi bescht Léisung ëmmer nach déi aktuell Denominatioun ass: „Ombudsman" mat engem N. Den Term kënnt ursprénglech aus Schweden, wou d'Institutioun vum Ombudsman eng Jorhonnerten al Traditioun huet. Do gëtt den Term och gläich, geschlechtsneutral verstanen, onofhängeg ob grad e Mann oder eng Fra dëst Amt ausübt. Den Term ass international bekannt a beschreift och iwwerall déiselwecht Missioun: d'Vermëttele bei Konflikter tëschent Bierger an Administratiounen.

Wéi gesot, dës Fro wäert geschwënn ofschléissend an der Petitiounskommissioun diskutéiert ginn. An ech si gespaant, wéi mer d'Madame Err an hir Successeuren an Zukunft wäerten urieden.

Zum Code de bonne conduite administrative wëll ech just nach eemol dee fir eis wichtegste Punkt ervirhiewen, deen nämlech den Artikel 41 vun der Mënscherechtscharta soll erëmspigelen. Dëse gesäit ënner anerem vir, dass all Bierger d'Recht dorobber huet, dass seng Uleiessen op eng onparteiesch an équitabel Aart a Weis traitéiert ginn, an zwar an engem räsonabelen Délai. De Code de bonne conduite ass e wichtegt Instrument, fir de Service um Bierger ze verbesseren, a gëtt schonn zënter Joren erwaart.

En anere Punkt, deen ech wëll uschwätzen, ass d'Maison des Droits de l'Homme oder de la personne humaine. Ech si frou festzestellen, dass dëse Projet gutt weiderkënnt, och wa mer dat passend Gebai fir dës nei Strukturen nach net fonnt hunn; ausser mir kriten elo gesot, datt et net esou wier.

Bei dësem Projet geet et jo drëms, dass all Organisatiounen, déi sech ëm d'Défense vun de Mënscherechter an der Chancëgläichheet këmmeren, wéi de Centre pour l'égalité de traitement, d'Commission consultative des Droits de l'Homme, den Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand an - firwat net? - och deen neie Gesondheetsmédiateur - dat wier nach ze kucken - raimlech zesummegesat ginn an esou hir Aktivitéite besser kënne mateneen ofstëmmen.

Och den Ombudsmann géif hei d'Zelter opschloen a mat dëse Gremien zesummeschaffen. Och fir de Bierger ass et duerch esou ee Guichet unique méi einfach, dee richtege Service ze fannen, zum Beispill duerch ee gemeinsamen Accueil. Gläichzäiteg wier dës Maison des Droits de l'Homme d'Äntwert op d'Fro, ob den Ombudsmann sollt explizit zoustänneg si fir d'Défense vun de Mënscherechter. Dat gouf jo och an deene leschte Jore vill diskutéiert. D'Äntwert ass fir eis eendeiteg neen. Engersäits, well de Médiateur dës Kompetenz implizit souwéisou huet. All Bierger kann de Médiateur saiséieren am Fall vun engem Netanhale vun der Konventioun oder vu Gesetzer.

Anerersäits fannen ech, dass jiddwereen dat sollt maachen, firwat en zoustänneg ass a wou e seng spezialiséiert Leit huet. Wann et Iwwerschneidunge ginn, gëtt natierlech och do zesummegeschafft. Mä den ORK, deen ass de Spezialist fir d'Rechter vum Kand, d'CCDH ass de Spezialist a Saache Mënscherechter an esou weider.

Dass mir d'Missioun vum Rapporteur national iwwert de Mënschenhandel ufanks des Joers der CCDH zougesprach hunn, war jo och schonn e Schrëtt an dës Richtung vun enger klorer Opdeelung vun de Kompetenzen.

Am Fall vun der Commission consultative des Droits de l'Homme kann een d'Fro opwerfen, ob et wënschenswäert ass, hiert Mandat ze erweideren, well se bis elo eng exklusiv konsultativ Missioun huet an net kann op d'Plaintë vun eenzelne Persounen agoen.

D'Attributioun vum Ombudsmann fir d'Rechter vun de Behënnerten, déi d'Madame Err sech am Moment mam Centre pour l'égalité de traitement an der Commission consultative des Droits de l'Homme deelt, sollt an eisen Aen och ee kloren Uspriechpartner hunn. D'Interpretatiounsproblemer vun den Texter an e Mangel un technescher Kompetenz am Service vum Ombudsmann maachen et doriwwer eraus der Madame Err immens schwéier, an dësem Beräich effizient ze schaffen.

Sollt et nach aner Beräicher ginn, déi vu kenger Instanz aus der Maison des Droits de l'Homme ofgedeckt gëtt, musse mer dat natierlech behiewen. Mir hoffen also, dass dëst Haus geschwë wäert seng Dieren opmaachen an e strukturéiert a konstruktivt Schaffen erméiglecht.

An enger zweeter Phas wier et dann och sënnvoll, dass sämtlech Gremien, déi an der Maison des Droits de l'Homme doheem sinn, der Chamber ënnerstinn an hir Rapporte musse maachen.

Gläichzäiteg wier et dann awer och un eis, eis ferm Gedanken doriwwer ze maachen, wéi mer vun eiser Säit aus d'Zesummenaarbecht mat dëse Gremien an Zukunft verbessere kënnen. Do gëtt et sécherlech nach Sputt no uewen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, domadder sinn ech zum Schluss komm. Merci fir d'Nolauschteren, Merci un lech all a Merci un d'Marion.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- A Merci och un den Här Traversini. Nächste Riedner ass den Här Gast Gibéryen. Här Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

M. Gast Gibéryen *(ADR)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll vun eiser Säit aus och deenen zwee Rapporteuren, dem Kolleeg Marcel Oberweis an dem Kolleeg Marco Schank, Merci soe fir hir Rapporten. Et ass fir d'Éischt, datt mer zwee Rapporten hei zesummen hunn. Mir wëssen, datt et méi flott wär, wa mer een hätten. Mä den Ëmstänn no, déi mer d'lescht Joer haten, ass et awer normal, dass mer dës Kéier hei déi zwee Rapporte mateneen diskutéieren.

Et ass kloer, wann een als fënneften an dëser Rei drukënnt, datt een net méi vill Neies kann zu esou engem Rapport zielen. An ech wëll awer drop hiweisen, datt et wichteg ass, datt mer déi Diskussioun hei féieren, an ech kommen herno nach eng Kéier dorobber zréck.

Ech mengen, all Joer mécht de Médiateur eis an der Chamber hei an ëffentlecher Sitzung säi Rapport. Dann ass eis Petitiounskommissioun dermat befaasst an et ginn dann an déi eenzel Fachkommissiounen déi Deeler transferéiert, déi si betreffen, an dann hunn déi Kommissiounen eng Sitzung mat deem zoustännege Minister a mat de responsabele Fonctionnairen, wat eng gutt Prozedur ass, woumadder och de Suivi garantéiert gëtt vun deene Recommandatiounen oder deene Kritiken, déi vum Ombudsmann kommen, an een dann och gesäit, datt dat hei an der Chamber net als en einfache Rapport klasséiert gëtt, mä datt et e Suivi gëtt an der Chamber, datt d'Chamber sech an deenen eenzelne Kommissiounen ëm déi eenzel Punkte bekëmmert, wéi gesot, mam Minister zesummen an datt dann ofschléissend dozou hei an der Chamber en Débat ass, wou, wann dann nach Saachen géifen opstoen, oder vun deenen ee mengt, déi missten an den Débat public hei afléissen, déi dann hei kënnen zur Diskussioun kommen.

Ech mengen, wéi 2003 d'Gesetz geschafe ginn ass vum Ombudsmann, déi deemools derbäi waren an haut nach heibanne sëtzen, wëssen, datt et net esou eng Selbstverständlechkeet war, datt deemools déi Iddi vum Ombudsmann op eng relativ deelweis dach awer grouss Kritik gestouss war. Virun allem och an der

Fonction publique selwer ass se op eng Kritik gestouss, well do Leit gefaart hunn, datt ebe mat där Institutioun, déi do nei geschafe géif ginn, virun allem eng Juegd op si opgemaach géif ginn, wat ee jo awer an der Zäit elo festgestallt huet, datt dat kengesfalls de Fall ass, mä datt dat ergänzend ass. An ech géif souguer mengen, datt haut vill Leit frou sinn, och aus deem Secteur, datt mer déi Institutioun ageriicht hunn, well eben och ewell eng Rei vu Problemer geléist gi sinn, wat si sécherlech méi wéi arrangéiere wäert.

Et war net einfach, fir esou eng Institutioun opzebauen. An ech mengen, mir wëssen alleguer, wéi de Marc Fischbach deemools déi éischt Fonctioun do iwwerholl huet, datt deen och net onëmstridden am Ufank vu sengem Mandat war, mä mer awer zum Schluss alleguer heibannen, wéi de Marc Fischbach opgehalen huet, mengen ech, unisono him konnte Merci soe fir déi gutt Aarbecht, déi hie während all deene Jore gemaach huet, an dofir, datt hien dat aus der Institutioun vum Ombudsmann gemaach huet, wat se haut ass a wéi se Unerkennung am ganze Land fënnt, bei de Leit, bei de Verwaltungen. Do gëtt eng gutt Aarbecht gemaach, an et denkt haut kee méi drun, datt een esou eng Institutioun sollt a Fro stellen, mä et ass eppes, wat haut zur Normalitéit an eisem Stat geheiert.

Wéi d'Madame Err 2012 den Ombudsmann iwwerholl huet, ass se natierlech dunn an e bësse méi stiermesch Zäiten erakomm. Dat ass normal, wann een neien Här an d'Haus kënnt. Et soe vill Leit: „Eng nei Biischt, déi kiert besser.", da kommen nun emol ebe Problemer op. A mir hate relativ vill Problemer an deenen éischte Méint, Konflikter intern an der Verwaltung tëschent dem Ombudsmann a senge Beamten, souwuel wat den Ëmgang tëschentenee wéi d'Gestioun ubelaangt.

Heiansdo hat een esou zäitweileg d'Gefill, wéi wa mer missten nach en zousätzlechen Ombudsmann astellen, deen tëschent dem Médiateur an de Mataarbechter aus dem Ombudsmann senger Verwaltung misst schlichten. Dat huet d'Chamber missen zum Deel maachen, well mer vun där enger wéi vun där anerer Säit dermat konfrontéiert gi sinn. A fir de Bureau war et sécherlech net esou einfach, fir ëmmer dann do dee Wee ze fannen, deen derzou gefouert huet, datt déi Institutioun dach kee Schued no bausse kritt.

Et ass kloer, datt, wann eng Institutioun wéi grad den Ombudsmann, dee jo awer an den Äe vun de Leit do ass, fir ze schlichten, fir Problemer, déi tëschent Bierger a Verwaltunge stinn, fir déi kënnen ze schlichten, fir déi aus der Welt ze schafen, wann dann an där Institutioun selwer Problemer entstinn, an datt dann eng drëtt Institutioun, d'Chamber an dësem Fall, mat erugezu ginn ass, fir eben do ze hëllefen ze schlichten. Et ass an der Zwëschenzäit méi roueg ginn. Intern héiert een zwar, datt d'Problemer nach net all geléist gi sinn. Mä et kann ee just wënschen, datt och do Weeër fonnt ginn, fir datt déi Institutioun awer esou fonctionnéiert, wéi een dat kann dervu verlaangen.

Wat d'Aarbecht awer ubelaangt, ech mengen, dat sollt een awer kloer soen, déi huet dorënner Gott sei Dank net gelidden. Ech mengen, aus de Rapporten eraus kann een dat feststellen, datt all déi Problemer, déi erugedroe gi sinn, datt och d'Verhältnis vun deene Problemer, déi erugedroe gi sinn an déi geléist gi sinn, datt dat an enger gudder Kontinuitéit ass. An dofir, mengen ech, sollt een och, trotz all deene Problemer, déi do bestanen hunn, souwuel dem Ombudsmann, der Médiatrice, wéi och de Leit, déi do schaffen, eise Merci an eis Unerkennung zum Ausdrock brénge fir déi Aarbecht, déi dach awer gutt an deene Joren do gemaach ginn ass.

Ech wëll hei net op eng Rei vu Punkten oder Recommandatiounen agoen. Ech wëll just eppes mat an d'Diskussioun erabréngen. An et ass de Mëtteg hei schonn e puermol ugeklongen, datt an der Petitiounskommissioun hei an der Chamber och op Initiativ vun dem Ombudsmann drop higewise ginn ass, datt dat Gesetz vun 2003, nodeem et elo zéng Joer al ass, awer erëm soll op de Leescht geholl ginn an datt soll nei iwwer punktuell Reformen an deem Gesetz do nogeduecht ginn.

Ech wëll hei soe vun eiser Säit aus, datt mer, wéi virdru schonn erkläert, fir den Ombudsmann sinn, déi Institutioun, an datt déi och all hir Méiglechkeete muss kréien, fir déi Aarbecht kënne korrekt ze maachen. An dofir, mengen ech, wier et scho wichteg, a verschidde Virriedner hunn dat hei gesot, wa verschidden Terme géife preziséiert ginn, fir datt den Terrain, wou se kann a wou se net kann, datt dat sollt preziséiert ginn. An, ech mengen, et gëtt vu verschiddene Säite méi positiv an och méi kritesch gesinn. Mir sollen eis also Zäit huelen an eis wierklech gutt domadder ausenanersetzen, fir eben de Respekt ze kréien, datt den Ombudsmann engersäits d'Aarbecht richteg maache kann an datt op där anerer Säit d'Prinzipie vum Rechtsstat och respektéiert ginn.

Et ass also kloer, an dofir géif ech drop zréckweisen, wann déi zoustänneg Kommissioun hir Aarbecht ophëlt, datt se dann och soll de Bréif op de Leescht huelen, deen den Här Alain Thorn, de Juge directeur vum Tribunal vun der Jugend, eis den 10. September 2012 geschriwwen huet. Dëse Bréif, dee vum 10. September 2012, wéi gesot, datéiert, ass vu grondleeënder Wichtegkeet eiser Meenung no, wann ee sech fir de Fonctionnement vun eisem Rechtsstat interesséiert.

Den Auteur verdeedegt a sengem Bréif op eng ganz engagéiert a gutt argumentéiert Manéier de Secret professionnel an de Secret médical. Hie mécht virun allem op eng Rei vu grondsätzlechen Iwwerleeungen iwwert d'Institutioun vum Ombudsmann, déi jo och eng politesch Komponent huet, opmierksam, an dat besonnesch am Kontext vun der Onofhängegkeet an dem eegene Kompetenzberäich vun der Justiz.

Et muss och ënnerstrach ginn, datt dee Bréif bis haut näischt u senger Aktualitéit verluer huet. Den aktuellen Ombudsmann mécht sech a sengem Rapport d'activité vun 2011-2012 derfir staark, datt den Ombudsmann nach soll bedeitend méi Kompetenze kréien. Besonnesch déi Fuerderung, datt den Ombudsmann soll eng Compétence générale hunn an dat als Institution extraordinaire an dat och nach besonnesch am Beräich vun de Mënscherechter, wërft eng ganz Rei vu Froen op, déi och schonn de Mëtteg vun anere Virriedner hei ugeschnidde gi sinn. Déi Fuerderunge sollten op jidde Fall ganz kritesch a besonnesch och am Liicht vun dem Här Thorn sengem Schreiwes a sengen Observatioune vun deemools analyséiert ginn.

Ech wëll och drop hiweisen, datt an deem Kontext parlamentaresch Froe gestallt gi sinn, souwuel vum Kolleeg Gilles Roth, wat de Secret professionnel ubelaangt, wéi vu mengem Parteikolleeg Fernand Kartheiser, wat de Secret médical ubelaangt. Eiser Meenung no muss deen an alle Fäll respektéiert ginn a bleiwen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat waren e puer Bemierkungen, déi ech vun eiser Säit aus wollt zu dësem Débat bäidroen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Gibéryen. Als leschte Riedner ass den Här Justin Turpel ageschriwwen. Här Turpel, Dir hutt d'Wuert.

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, ech wëll net méi op all eenzel Fäll agoen oder op all déi Zuelen, no all deem, wat mer schonn héieren hunn. Ech wëll e puer grondleeënd Saachen ervirsträichen. Dat Éischt, wat ech wëll ervirsträichen, dat ass d'Wichtegkeet vum Médiateur fir d'Bierger, fir d'Usagere vun eiser Verwaltung. De Médiateur ass eng wichteg Hëllef fir eis Bierger an et soll een dem Médiateur an och sengem Personal ausdrécklech Merci soe fir déi Hëllefleeschtung, déi se de Bierger entgéintbréngen.

De Médiateur ass net, wéi dacks gemengt gëtt, een Affekot vum Bierger. De Médiateur ass och net ee Riichter, an en hëlt och keng Décisiounen, a virun allem ass de Médiateur och net een Accusateur vun der Verwaltung. De Médiateur ass do, fir ze erliichteren, den Dialog ze erliichteren a fir Léisungen ze sichen, déi fir déi zwou Säiten akzeptabel sinn an op enger rechtlecher Basis geschéien.

Doraus ergëtt sech fir mech een zweete Punkt, dee vläicht net ëmmer kloer genuch ervirgestrach gëtt: d'Wichtegkeet vum Médiateur net nëmme fir de Bierger, mä d'Wichtegkeet vum Médiateur fir d'Verwaltung.

Eng Médiatioun, esou wéi mer se zu Lëtzebuerg kennen, ass am Intérêt vun der Verwaltung a vum ëffentlechen Déngscht, well si Intérêt drun hunn, datt mer Léisunge fannen am Fall vu Konflikter. Och wann de Médiateur d'Recht huet, fir Enquêten ze maachen an Investigatiounen ze maachen, ass en net de Feind vun der Verwaltung an och net den Ukläger vun der Verwaltung. En ass deen, dee Léisunge sicht fir Konflikter. An déi Léisungen, déi droen och derzou bäi, datt d'Vertrauen an d'Verwaltung gestäerkt gëtt.

Am Géigesaz zu der privater Médiatioun, déi viraussetzt, datt déi zwou Säite mat enger Médiatioun d'accord sinn, si mer an der ëffentlecher Médiatioun an der Situatioun, datt de Stat net gefrot gëtt, ob en d'accord ass, mä datt et eng Obligation légale ass, fir mussen d'accord ze sinn. Ob awer all Statsverwaltunge sech ëmmer esou verhalen, datt se am Fong geholl d'accord si mat der Médiatioun, dat steet op engem anere Blat.

Ech mengen awer, datt et wichteg wier, datt eis Verwaltungen - dat ass een Appell, deen een onbedéngt sollt lancéieren an ënnersträichen - matschaffe beim Siche vun de Léisungen. Well meeschtens sinn d'Ursaache vu Konflikter mam Bierger a mat der Verwaltung net einfach just iergendee schlechte Wëllen, mä ganz dacks sinn déi Ursaachen zum Beispill an de Ressourcen, déi d'Verwaltungen hunn, fir hir Aarbecht, hir Déngschtleeschtungen iwwerhaapt kënnen ze maachen: net genuch Personal, net genuch Informatik oder soss Moyenen, fir déi Aarbecht uerdentlech ze maachen, ganz dacks Formatiounen, déi se gäre géife maachen an net konnte maachen.

En aneren Niveau vun Ursaachen ass ganz dacks d'Interpretatiounsméiglechkeet, déi a verschiddene Virschrëften, gesetzleche Virschrëfte läit, déi ënnerschiddlech interpretéiert ginn. An an deene Situatiounen ass et wichteg, datt een een Aussestehenden huet, an dat ass d'Aufgab vum Médiateur, fir ze proposéieren, wéi ee kéint d'Prozeduren upassen, fir ze proposéieren och, wéi ee kéint d'Gesetzer änneren.

An dowéinst ass et jo esou, datt de Médiateur habilitéiert ass, fir Recommandatiounen ze maachen, déi mer solle seriö huelen, souwuel als Chamber, mä och als Stat a Verwaltungen, well se am Intérêt vun deenen zwou Säite sinn. Well och déi Recommandatioune jo drop erauslafen, datt mer preventiv verhënneren, datt e Fall sech widderhëlt, datt sech Konflikter widderhuelen, andeem mer déi Upassunge kréien an de Verwaltungen an der Interpretatioun, déi mer brauchen.

Et ass och wichteg, datt mer déi seriö huelen, well mer doduerjer grad d'Vertrauen an déi ëffentlech Déngschtleeschtung, déi eis wichteg ass, erëm hierstellen oder verbesseren a mer och zu der Verbesserung vun der Qualitéit vun der ëffentlecher Déngschtleeschtung bäidroen.

Iwwerhaapt ass et wichteg, datt am Virfeld vu Konflikter agéiert ka ginn. An do wëll ech zwee Aspekter opwerfen, déi bis elo op déi Aart a Weis, mengen ech, nach net opgeworf gi sinn.

Dat Éischt ass dee vun der Roll vum Personal an der Verwaltung oder d'Noutwendegkeet vum Vertrauen an d'Personal, fir d'Personal mat erunzezéien, fir am Virfeld Konflikter ze verhënneren. D'Personal, dat si ganz dacks déi, déi d'Erfahrung hunn an déi wëssen, wou d'Problemer leien, an déi och ganz dacks Virschléi hunn. Et si ganz dacks déi, déi kënne soen, datt zum Beispill wéinst Problemer vu Ressourcen, vun Unugepasstheet vu Prozeduren oder Informatiksprogrammer Konflikter sech ubahnen, déi ee ka verhënneren, wann een d'Personal seriö hëlt.

Dowéinst mengen ech och, datt mer an eisen ëffentleche Verwaltungen, net nëmme bei de Gemengen, mä och beim Stat demokratesch gewielte Personalvertriedunge bräichten, déi mer de Moment bis elo nach net hunn.

En zweete Partner an deem Ganzen, dee gradesou wichteg muss geholl gi wéi d'Personal, dat sinn d'Bierger selwer, d'Usageren. Ech mengen, et ass wichteg, datt mer d'Rechter vun den Usagere vis-à-vis vun der Verwaltung stäerken an eng Partnerschaft zwësche Bierger a Verwaltungen institutionaliséieren, déi zesummen de Reklamatiounsregëster zum Beispill opschaffen a kucken, wat d'Ursaache sinn, déi zesumme kënne Verbesserungsvirschléi definéieren, fir eis ëffentlech Déngschtleeschtungen an eis Verwaltung ze optiméieren.

Ech wëll kuerz agoen op déi fënnef Propositiounen, déi de Marco Schank als President vun der Petitiounskommissioun als Rapporteur schonn duergeluecht huet, déi d'Petitiounskommissioun hei proposéiert an déi mir och ënnerstëtzen.

Déi éischt Propositioun ass ganz kloer déi, déi schonn e puermol ervirgestrach ginn ass, nämlech, no zéng Joer Gesetz e Bilan ze maache vun den Erfahrungen an d'Gesetz unzepassen. Do sinn dräi, véier Froen, déi ëmmer erëm ervirgestrach ginn an déi mir och wichteg sinn.

Dat Éischt ass de Kompetenzberäich vum Médiateur. Ech schwätzen elo net, wat d'Beräicher ugeet, mä ech schwätzen innerhalb vun de Beräicher, datt am Moment d'Kompetenz beschränkt ass op déi ëffentlech Betriber. An ech mengen, et ass e puermol hei illustréiert ginn um Beispill vu Kliniken, vu Crèchen. Et kann net sinn, datt den Usager, wa säi Kand…, oder wann e Patient ass an enger ëffentlecher Klinik, datt en da vum Médiateur ka gehollef kréien, a wann dat eng privatrechtlech Struktur ass, soit, souguer wa se konventionéiert ass, datt de Médiateur do außen vor ass.

Mir mussen dat ausbauen. An ech mengen, och déi Fro vun den Definitioune vun den ëffentlechen Déngschtleeschtungen, mer mussen oppassen, datt dat net eng Ursaach gëtt, fir et auszeweiden. Well déi Fro: Wat ass eng ëffentlech Déngschtleeschtung? - ass ganz vill diskutéiert ginn an Europa, och zu Lëtzebuerg. An ech mengen, et misst relativ einfach sinn, fir déi Beräicher opzezielen, vun deene mer der Meenung sinn, datt de Médiateur muss fir se zoustänneg sinn, egal, ob et een ëffentleche Betrib ass oder ob et ee private Betrib ass, deen déi ëffentlech Déngschtleeschtung do ubitt.

Mir sollen d'Beräicher opzielen, an et geet sécherlech net, well dat ass eng Gefor haut grad am Zäitalter vun der Liberaliséierung, ëm d'Aart a Weis, wéi d'Déngschtleeschtung erbruecht gëtt. Et ass net d'Aart a Weis vun den Déngschtleeschtungen, déi determinant soll sinn, ob de Médiateur zoustänneg ass, mä et soll ëm d'Beräicher goen. An do solle mer keng Differenz méi maache zwëschent ëffentlechen, ëffentlech-rechtlechen a privatrechtleche Betriber, déi déi Déngschtleeschtung bidden.

Een zweete Punkt, deen ëmmer erëm opgeworf gëtt, dat ass, datt, wann de Médiateur befaasst ass, doduerjer een Délai suspensif sech soll ergi fir e Recours beim Geriicht. Ech mengen, dat läit op der Hand.

An dat Drëtt, wat ëmmer ugeschnidde ginn ass, wat och vu mengem Virriedner nach ugeschnidde ginn ass, dat ass d'Fro vum Secret médical, bancaire, fiscal, wou ech net der Meenung si vu mengem Virriedner a wou jo och schonn eng Deelléisung do ass, nämlech datt de Secret médical dem Médiateur, fir de Fall, mat deem e befaasst ass, net opposabel ass. An ech géif mech dergéint wieren, datt en op eemol géif opposabel gemaach ginn. Ech mengen, dat nämlecht misst stëmme fir de Secret bancaire an de Secret fiscal. Mä sécherlech muss dat gekläert ginn, wa mer d'Reform vum Gesetz entaméieren, déi mer net ze spéit sollen erausschieben, mä déi am Hierscht soll ufänken.

Och déi aner Froen, déi sech stellen iwwert den Numm „Médiateur", „Ombudsman" an esou weider sollen do gekläert ginn. Ech hunn och Problemer mat deem komplizéierten Numm, mä ech mengen, datt et awer och net evident ass, fir ee Médiateur Ombudsmann ze nennen, well en Ombudsmann normalerweis aner Kompetenzen huet. Dee kann Décisiounen huelen, dat ass jo generell de Fall. A mir sollen engem net een Numm ginn, deem en net ka Rechnung droen.

Déi zweet Propositioun vun der Petitiounskommissioun bezitt sech op déi Recommandatioun Nummer 49 vum Médiateur, wat d'Noutwendegkeet vun engem Code de bonne conduite oder vun engem Guide de bonnes pratiques administratives ugeet. Ech mengen, dat ass absolut noutwendeg. Et ass absolut noutwendeg.

An och e Code de bonne conduite an e Guide de bonnes pratiques administratives, déi d'Aart a Weis kloerstellen, wéi d'Verwaltunge solle fonctionnéieren a sech verhalen, wennt sech net géint d'Personal, mä och esou ee Code ass am Intérêt vum Personal.

Iwwregens kann esou ee Code nëmme gemaach ginn, wa mer de Code de déontologie emol fäerdeg hunn a wann d'Missiounen och gekläert sinn, souwuel d'Missiounen allgemeng wéi, sou wéi mer dat virgesinn hunn an der Reform vum Statut, och d'Missiounen an de Verwaltungen, wann déi mat de Leit zesumme gekläert ginn, fir datt jiddweree sech bewosst ass, wat déi Missioune sinn, wat de Code de déontologie ass. An dann ass et méiglech, fir esou ee Code de bonne conduite opzestellen.

Ech wëll einfach drop hiweisen, firwat datt dat sech net géint d'Personal wennt. Am Gemengesecteur beispillsweis, wou ech eng Zäitchen awer aktiv war, ass dat eng Ufro vum Personal a vun de Gewerkschaften, fir esou e Code de bonne conduite an e Guide de bonnes pratiques administratives ze maachen, well se einfach soen: Doraus ergi sech Obligatiounen net nëmme fir d'Personal, wat weess, wou et drun ass. An ech gesinn de Syvicols-President an ech mengen, et gëtt och en Accord zwëschent de Gewerkschaften an dem Syvicol, fir esou ee Code de bonne conduite ze maachen an e Guide de bonnes pratiques ze maachen.

Ech wier frou, wa mer kéinten an déi Richtung goen, well doraus ergi sech net nëmmen Ufuerderungen un d'Personal, mä et ergi sech och Ufuerderungen un d'Verwaltung an un d'Direktiounen, déi mussen dann och déi Moyenen zur Verfügung stellen, déi ee Beamte beispillsweis brauch, fir kënnen eng uerdentlech Aarbecht ze maachen. An och dat geet Hand an Hand an dat solle mer seriö huelen.

Déi drëtt Propositioun ass déi vun den Zoustännegkeetsberäicher, op déi ech aus Zäitgrënn elo net méi ze vill wëll agoen. Ee Médiateur kann net alles maachen. Dat hu mer gesi bei der Santé, déi mer jo un aner Instanze ginn hunn. Woubäi een awer muss drop hiweisen,

datt all Médiateur déi Kompetenze brauch, fir a sengem Beräich kënnen ze schaffen, an de Médiateur am Santésberäich, dee brauch sécherlech net virun allem juristesch Kompetenzen, oder net nëmmen, mä dee brauch och medezinesch Kompetenzen. Ähnlech ass et an anere Beräicher - CET, Handicapéierter -, wou mer an deene Strukture grouss Kompetenzen hunn a wou déi Kompetenze solle genotzt ginn, wou spezifesch Kompetenze solle genotzt ginn, fir do och déi Médiatiounsstrukturen ze schafen, déi mer brauchen.

Eppes, wat virdrun opkomm ass, dat ass, datt d'Erweiderung vun de Kompetenzen op privatrechtlech Betriber contraire wier zu der Erweiderung…, oder zu dem Netwëllen, fir sech an all Beräich anzemëschen.

Neen, ech gesinn dat esou, dat sinn zwou verschidde Saachen. Dat eent huet iwwerhaapt näischt domat ze dinn. Dat eent ass: A wéi enge Beräicher ass de Médiateur zoustänneg? An dat anert ass: A wann en zoustänneg ass, datt en dann och zoustänneg ass souwuel fir ëffentlech wéi fir privatrechtlech Betriber, déi an deem Beräich täteg sinn. Dat ass eng Konfusioun, déi net ubruecht ass.

Déi véiert Propositioun, dat ass déi, datt de Médiateur gläichzäiteg zu enger juristescher Prozedur soll kënne seng Aarbecht maachen, well wann en dat net mécht, mussen d'Leit schonn op d'Geriicht goen, wann d'Délaien…, oder e kann derzou bäidroen, datt eng Léisung kënnt, ier d'Geriicht eng juristesch Léisung muss fannen. D'Suspensioun vun dräi, véier Méint dréit derzou bäi, datt d'Leit net mussen onnéideg Geriichtskäschten engagéieren, ier et noutwendeg ass.

Mir kënnen dat doten… Et sinn eng Rei Saachen, déi mussen am Gesetz geännert ginn. Et muss net alles duerch d'Gesetz geännert ginn. Villes léisst sech och duerch de bon Sens a gudde Wëllen änneren.

Dozou gehéiert och d'Propositioun Nummer 5 vun der Kommissioun, nämlech d'Délaien an d'Aart a Weis vun den Äntwerte vun de Verwaltungen. Ech mengen, bei der Verwaltung gëtt et einfach déi zwee Extremer, well déi eng Verwaltungen, dat sinn déi, déi extrem hëllefsbereet sinn, an dat anert, dat sinn déi, déi extrem resistent sinn, fir Léisungen ze sichen, an éischter refuséieren oder éischter op hire Propositioune campéieren.

Ech wéilt och nach eng Kéier drun erënneren, de Médiateur ass net de Feind vun der Verwaltung; en ass deen, deen hëlleft, Léisunge sichen. An do sollen d'Verwaltungen, wa se mam Médiateur konfrontéiert sinn, wann ech gelift derzou bäidroen, datt déi Argumenter, déi virgeluecht ginn, datt déi solle weiderentwéckelt ginn an d'Dossiere solle weiderentwéckelt ginn, a se solle sech net einfach op Positiounen do campéieren.

Als leschte Punkt wëll ech e puer Froen opwerfen, déi elo direkt net behandelt gi sinn, déi awer menger Meenung no wichteg sinn. Dat Éischt, dat ass, och wéi mer an de Chamberskommissiounen d'Diskussioune féieren, wou een d'Impressioun huet, datt d'Verwaltunge ganz dacks gehéiert ginn, well dat eben och normal ass an üblech ass an déi och in extenso gehéiert ginn, an d'Meenung vum Médiateur do heiansdo awer ze kuerz kënnt. Mir musse kucken, wéi eng Moyenen datt mer eis ginn an de Fachkommissiounen, fir déi Diskussioune méi équitabel ze féieren a fir dann do déi verschidde Meenunge gläichberechtegt, am Sënn vun enger Léisungssich, kënnen do anzebréngen.

Déi zweet Saach, déi ech nach wëll opwerfen, dat ass den Droit d'avis, deen de Médiateur soll kréien, deen och scho vun anere Virriedner ugeschwat ginn ass. Dee schéngt mer einfach wierklech wichteg ze sinn, datt de Médiateur zu Sujeten, déi säin Tätegkeetsfeld betreffen, soll d'Méiglechkeet kréien, fir selwer Avisen ofzeginn. An d'Chamber soll och drun denken, fir en dacks am Virfeld emol mat Saachen ze befaassen, déi en awer eppes uginn.

Mir an de Kapp kënnt zum Beispill elo de Code de déontologie, dee mer an der Fonction-publiques-Kommissioun amgaange sinn ze diskutéieren, deen awer ee Kader gëtt herno fir de Code de bonne conduite. An et wier heiansdo wichteg, datt een de Médiateur do am Virfeld géif befaassen.

Deen drëtte Punkt, deen ech nach wollt opwerfen, dat ass deen, datt mer amgaange sinn, eng Verfassungsreform ze maachen, an datt ee wierklech och haart soll driwwer nodenken an och driwwer schwätzen, ob een d'Médiatioun an och d'Recht vum Bierger op d'Médiatioun net sollt verfassungsméisseg verankeren als eent vun de Rechter, wat een awer als Bierger soll zu Lëtzebuerg hunn.

Wann de Félix Eischen virdru gesot huet, mir hätte manner Dossieren, dat wier, well d'Leit manner géife knouteren oder, ech hat e bëssen esou verstanen, d'Médiateure net méi esou gutt...

(Interruption)

...net méi esou gutt géif schaffen, hunn ech et bal verstanen, wëll ech awer soen, datt ech domadder net kann d'accord sinn. D'Problemer, déi ëmmer erëmkommen, soll ee prinzipiell léisen. An ech mengen, dat ass dat, wat gemaach gëtt. A wann ee se prinzipiell léist, da sinn herno manner där Fäll. An dat ass positiv.

Ech bedaueren, datt de Félix Eischen deen Eenzegen ass, deen der Médiateure an hirem Personal net Merci gesot huet fir déi Aarbecht, déi se maachen!

Zum Schluss wollt ech e Problem opwerfen, deen ech hu mat eiser Prozedur hei. Mir héieren hei zwee Rapporten, mir héieren hei Recommandatioune vun der Petitiounskommissioun, wou ech mengen, datt déi meescht Leit sech eens sinn, mä mir maache kee Vote doriwwer. Ech hat mer ee Moment iwwerluecht, ob een net misst eng Motioun maachen, wou een déi Recommandatioune vun der Petitiounskommissioun géif engem Vote hei ënnerleeën. Ech hu mer soe gelooss, dat wier net üblech esou.

Mir maachen och kee Vote iwwert de Rapport. Mä meng Suerg ass awer déi, an ech mengen, net nëmme meng, och déi vu menge Virriedner a vun de Rapporteuren, ass déi, datt mer déi Recommandatiounen hei seriö huelen, souwuel als Chamber, datt d'Regierung se seriö hëlt an och deementspriechend Propositioune mécht. Mä ech sinn iwwerzeegt, datt de Wëllen do ass an datt mer deen och elo confirméiert kréien, mä datt d'Chamber se och seriö hëlt.

An ech mengen, mir misste mindestens an der Petitiounskommissioun de Suivi maache vun deene Propositiounen an deene Recommandatiounen. Ech hu virdru mam President vun der Kommissioun geschwat, deen och där Meenung ass, datt mir als Petitiounskommissioun, wa mer hei elo kee Vote maachen, eis sollen déi Aufgab ginn, fir dat dote ganz enk ze suivéieren, souwuel wat d'Reform vum Gesetz ugeet wéi och déi aner Saachen, déi mer ouni Gesetzesännerung elo kënnen ëmsetzen, fir datt mer alleguerten op déi Aart a Weis zu der Verbesserung vun der Qualitéit vum ëffentlechen Déngscht a vum Vertrauen an den ëffentlechen Déngscht bäidroen.

Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Turpel. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss an d'Regierung huet d'Wuert. Fir d'Regierung schwätzt den Innen- a Fonction-publiques-Minister, den Här Dan Kersch.

Prise de position du Gouvernement

M. Dan Kersch, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Merci, Här President. Fir d'Éischt wëll ech emol vläicht am Numm vun der Regierung Merci soe fir dee ganz konstruktiven Débat, dee mer hei konnte féieren. An et wäert lech net verwonneren, dass ech als zoustännege Minister vun der Fonction publique an der Réforme administrative natierlech ganz beréiert si vun deenen Diskussiounen, déi hei gefouert gi sinn.

Ech hunn awer och eng ganz konkret Fro gestallt kritt, nämlech déi vum Här Marc Angel. Esou wéi hien et richteg gesot huet, ass et effektiv esou, dass mer opgrond vum Avis amgaange sinn, eng Rei vu Regelen, wat d'Deontologie vun de Statsbeamten ugeet, ewechzehuele vum Niveau vum Règlement grand-ducal a se eropzesetzen op den Niveau vum Gesetz.

Et ass och esou, dass mer an der Chamberskommissioun eng Sitzung gebraucht hunn, fir eis exklusiv mat deem Thema ausenanerzesetzen. Dat ass also e Froekomplex, deen awer scho relativ komplex ass. An dofir hu mer eis och déi néideg Zäit geholl, fir dat ze maachen. Déi entspriechend Amendementer sinn och elo fäerdeg. De Statsrot kritt se elo an nächster Zukunft oder en huet se scho kritt. An et ass och virgesinn, dass d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics se och sollt kréien, fir sech dann nach zu dësem Froekomplex kënnen ze äusseren.

Dann, wat kloer ass, dass mer dann, wa mer dat heiten hunn, eis och nach musse mat der Fro ausenanersetzen, fir e Code oder e Guide de bonne conduite oder de bonnes pratiques - wéi mer et dann och nennen, ech mengen, dat ass net dat Entscheedend -, fir dat kënnen op d'Been ze stellen. Wichteg och do, dass mer déi och brauchen, fir herno d'Evaluatioun vun de Statsbeamten ze maachen, esou wéi dat och an deem neie Gesetz iwwert de Statut vun de Statsbeamte virgesinn ass.

Déi Viraarbecht, op déi mer kënnen opbauen, ass zum Deel, wéi gesot, scho gemaach. Eenzel Verwaltunge schaffen haut schonn no enger „Charte d'accueil et de service «Moien Merci»". Dir kennt dee Programm. An et gëtt och dee Code, deen och scho vun der Médiateure eis recommandéiert ginn ass, fir eis drun ze orientéieren, den „Code européen de bonne conduite administrative". Wéi gesot, eng grouss Viraarbecht ass an deem Beräich geleescht, wou mer kënnen drop opbauen.

An dëser Fro hu mer also eng honnertprozenteg Eenegkeet, kann ech soen, tëschent Regierung, Chamber an och der Médiateure, dass mer esou e Code, Guide och Charte, oder wéi mer et dann och nennen, herno brauchen. Fir mech selwer ass den Titel net esou entscheedend, mä entscheedend ass, dass mer wierklech e Leitfaden hunn, un deem d'Beamte sech kënnen orientéieren, fir och ze wëssen, wat vun hinnen an hirem Déngscht verlaangt gëtt.

Ech wëll och soen, dass ech selwer schonn eng Entrevue mat der Médiateure zu deem Thema hat. A mir sinn eis och eeneg am Prinzip, dass mer fir d'Éischt mussen d'Regele vun der Deontologie am Statut geléist hunn, éier mer dann op déi zweet Etapp vun deem Code kënnen iwwergoen.

Ech wollt dann awer nach vun der Geleeënheet profitéieren, fir och engem vun de Rapporteuren - zwee, dräi Rapporteuren hate mer, ass gesot ginn -, ech wëll an deem Kontext hinnen och Merci soen. Den Här Schank hat als Rapporteur déi Problematik vun der Germaniséierung vun de Virnimm ugeschwat. En huet gesot, dass mer eis engagéiert hätten, fir do Léisungen ze sichen.

Ech mengen, ech kann haut soen, dass mer eis net nëmmen engagéiert hunn, mä dass mer Léisungen och konkret ëmgesat hunn. 17.000 bis 18.000 Leit, déi alleguerten eenzel ugeschriwwe ginn a mat enger Procédure simplifiée dëse Problem konnte léisen. An och wa mer an dëser sensibeler Problematik nach deen een oder deen aneren Hickhack an eenzelne Fäll hunn, mengen ech awer, dass déi Mesure, déi mer hei geholl hunn, zur gréisster Zefriddenheet vun de Leit iwwert d'Bühn gaangen ass.

Da wëll ech och nach am Numm vum Premier - Dir wësst, en huet sech entschëllegt, well en elo an enger Audienz beim Groussherzog ass - vläicht dräi kleng Saache soen.

Zur Diskussioun vun der Benennung vun deem Amt, wou mer alleguerte seng Wichtegkeet erkannt hunn, mengen ech, dat ass och hei schonn a verschiddene Rieden ugeklongen, gëtt et vill Iddien, vill gutt Virschléi. Déi eng an déi aner kann ee selbstverständlech diskutéieren. D'Regierung ass do op, wëll ech ganz kloer soen, a waart op konkret Virschléi vun der zoustänneger Chamberskommissioun.

Da wëll ech awer och hei ervirsträichen, dass et an der Tëschenzäit eng verbessert Zesummenaarbecht tëschent Médiateure a Premier engersäits a Regierung, ganzer Regierung anerersäits gëtt, andeems dass d'Médiateure regelméisseg e Listing eragëtt vun deenen Ufroen, déi an deenen eenzelne Verwaltungen net an den Délaie beäntwert gi sinn. Dat erméiglecht eis, dee Listing, dann och um Niveau vum Regierungsrot ze diskutéieren an dann an deene jeeweilege Verwaltungen deen néidegen Drock ze maachen, fir dass d'Médiateure Satisfaktioun kritt.

A wa mer vu verbesserter Zesummenaarbecht schwätzen, vläicht an deem Kontext wëll ech awer nach eng Kéier drun erënneren, dass och am Regierungsprogramm ugekënnegt ass d'Schafung vun enger Maison des Droits de l'Homme, wou mer u sech ënner engem Daach wëllen d'Servicer vum Médiateur, der Commission des Droits de l'Homme, vum Centre pour l'égalité de traitement a vum Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand vereenegen.

Selbstverständlech soll d'Onofhängegkeet vun deenen eenzelnen Institutioune gewahrt bleiwen. Mä mir mengen awer, dass d'Schafung vun esou enger Maison du Savoir och kann dozou bäidroen, fir eng ganz Rei vun nëtzleche Synergien ze schafen.

Dat gesot, nach eng Kéier villmools Merci fir deen interessanten Débat!

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Regierungsvertrieder.

Domat wäre mer um Enn vun eiser Sëtzung ukomm, vu dass mer iwwer näischt ofzestëmmen hunn.

M. Dan Kersch, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Pardon!

M. le Président.- Jo?

M. Dan Kersch, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- Entschëllegt, Här President, ech kréien elo gesot, dass ech mech verschwat hunn. Ech schwätze selbstverständlech vun der Maison des Droits de l'Homme!

Une voix.- Net d'Maison du Savoir.

M. Dan Kersch, *Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.*- An net d'Maison du Savoir!

M. le Président.- Merci fir d'Prezisioun.

Mir sinn um Enn vun eisen Diskussiounen iwwert d'Rapporte vun der Médiateure ukomm. Eis nächst Sëtzunge si fir den 8., 9. an 10. Juli virgesinn. An ech wollt lech just nach informéieren, dass et elo och offiziell ass, dass mer eng zousätzlech Sëtzung hunn de 16. Juli, also déi Woch drop.

Villmools Merci! Kommt gutt heem a bis d'nächst Woch!

(Fin de la séance publique à 16.24 heures)

- **L'actualité parlementaire sur www.chd.lu**
- **Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur www.chd.lu.**
- **La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur www.chd.lu, avec quiz, information et vidéo.**

- **L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre www.chd.lu.**
- **Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur www.chd.lu.**
- **De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.**

d'Chamber online op

www.chd.lu